Et ass och kloer, datt nëmmen déi Héichleeschtungssportler fir dës Indemnisatioun a Fro kënne kommen, déi ënner eis Definitioun vun de Kritäre falen an natierlech keng héich dotéiert Verträg hunn.

Här President, en anere wichtege Punkt vun der Proposition de loi suergt fir eng méi enk Zesummenaarbecht mam Comité olympique, wann et ëm d'Insertion à l'emploi vun den Héichleeschtungssportler geet. Hei stelle mer eis e Partenariat tëschent de Sponsoren, dem Comité olympique an dem Héichleeschtungssportler vir, deen et erméiglecht kritt, mat engem méi flexibelen Horaire Erfahrungen am Betrib ze sammelen, a wann en de Chef iwwerzeege konnt vu senge Qualitéiten a senge Charakterzich, eng eventuell Perspektiv kritt, fir ganz agestallt ze ginn.

E Punkt, dee mir besonnesch um Häerz läit, an dat ass och schonn dee leschten, ass dee vun der Schafung vun engem Service de guidance fir jonk talentéiert Sportler, dee se begleet, wa se de Wee an d'Ausland wëlle woen, fir hire Sport mat de Studien ze verbannen. Hei musse sech eng Experienz a Kontakter mam Ausland mat der Zäit opgebaut ginn, déi eis Erfahrunge liwweren, wou mer eis bescht Sportler kënnen hischécken an hire spezifesche Sportaarten, fir datt se mat deene Beschten op der Welt trainéieren a studéiere kënnen. An do musse mer hinnen eng professionell Stäip ginn, fir se do ze placéieren.

Vill ze vill oft gi wäertvoll Jore verluer, well de falschen oder den éischtbeschte Choix geholl gouf an de Sportler a seng Famill alleng gelooss goufen. Am Service de guidance solle se net nëmme bei hirem Choix ënnerstëtzt ginn, mä och bei administrativen Hürde gehollef kréien, gradesou wéi bei Admissiounsprozeduren.

Schlussendlech sollen och déi paralympesch Athlete vun dësen Avantagë profitéiere kënnen.

Et ginn also e puer Ziler hei verfollegt:

- eisen Héichleeschtungssportler, déi och studéieren, déi nämlecht Ennerstëtzung ze ginn, wéi wa se de Statut volontaire vun der Arméi wielen;

- d'Méiglechkeet, sech praktesch professionell op d'Olympiad virzebereeden, wa se a Fro komme fir en Topresultat;

- se besser op hirem Wee an hirem Choix ze begleeden, wa se de Schrëtt an d'Ausland woen;

- eng besser Perspektiv fir eng Aarbecht, wa se opgehalen hunn an no hirer sportlecher Carrière also,

- an eng besser Unerkennung vun de paralympesche Sportler.

Här President, mir sinn iwwerzeegt, datt dës Proposition de loi net nëmmen dee besser ofséchert, dee praktesch scho vu Spillschoulsalter u säi Liewe fir de Sport hiergëtt, mä si wäert ganz vill Bewegung an eise Sport bréngen, wann ee weess, datt zukünfteg Sportler méi Unerkennung an doduerch méi en héije Stellewäert an eiser Gesellschaft kréien.

Ech soen lech Merci. An ech wollt just soen, datt mer déi dote Proposition de loi unanime an eiser Fraktioun gedroen hunn, an dofir soen ech menge Kolleegen e grousse Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi. A si ass schonn direkt weidergaangen.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 6967, deen d'Aféierung vun engem gemeinsame Cours, genannt „Vie et société", am Secondaire soll erméiglechen. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

3. 6967 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique et modifiant

1) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, (Titre VI: de l'enseignement secondaire),

2) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue, et

3) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesentworf 6967 ass de 15. Mäerz vum Éducatiounsminister Claude Meisch hei an der Chamber deponéiert ginn. Mat dësem soll jo bekanntlech de Reliouns- a Moralcours duerch dee sougenannte Wäerteunterrecht ersat ginn.

Éier ech awer zum Fong kommen, erlaabt mer, an e puer Wuert e klengen Historique zu dësen dach besonnesche Coursen ze maachen. Bis 1968 hat de kathoulesche Reliounsunterrecht an eise Schoulen eng Monopolstellung.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Lex Delles *(DP), rapporteur*.- Bis 1968!

Eréischt mam Gesetz vum 10. Mee 1968 ass et zur Aféierung vun engem alternative Moralcours komm. Deemools ass et och nach d'Méiglechkeet vun enger Dispens ginn. Dat heescht, et hat een d'Méiglechkeet, weder an de Reliounsunterrecht nach an de Moralcours mussen ze goen.

30 Joer méi spéit war et du souwäit, dass och fir déi éischte Kéier de Moralcours an der Grondschoul agefouert ginn ass. Well awer ëmmer méi Kanner deemools dës drëtt Méiglechkeet an d'A gefaasst hunn, gouf d'Dispens erëm 2002 ofgeschaaft. Zanterhier hate mer also d'Situatioun, dass d'Kanner respektiv hir Eltere konnten tëschent dem Reliounsunterrecht op där enger an dem Moralcours op där anerer Säit entscheeden.

Här President, haut soll dëse Cours op en Neits reforméiert ginn, dës Kéier awer op eng grondleeënd Aart a Weis. De Regierungsprogramm vun 2013 gesäit näämlech vir - an ech zitéieren - «l'introduction d'un cours unique neutre et harmonisé d'éducation aux valeurs pour tous les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire, lequel remplacera les cours actuels».

Wéi Der wësst, gouf an deem Kontext de 15. Januar 2015 jo och eng Konventioun mat verschiddene Glawensgemeinschaften ënnerschriwwen. Nieft den administrativen a finanzielle Relationen tëscht dem Stat an de Culten, op déi mer d'nächst Woch op dëser Plaz nach eng Kéier wäerten zréckkommen, war e weideren Aspekt vun deem Accord d'Aféierung vun engem Cours commun „Éducation aux valeurs" am Enseignement.

Wat den Inhalt vun deem neie Cours ugeet, sou huet d'Regierung drop gehalen, dass ee sech mat verschiddenen Akteuren un een Dësch setzt an dann zesummen e kohärente Programm op d'Bee stellt. Dëse Prozess huet schonn 2014 ugefaangen. Et gouf e Groupe interministériel agefouert, an deem souwuel de Stat, d'Éducatioun an d'Fonction publique vertruede waren. Dëse Grupp huet sech dunn tëschent Mee a Juni 2014 mat ënnerschiddlechen Akteuren ënnerhalen.

Et gouf och iwwert den Tellerrand ewechgekuckt a sech ënner anerem mat Konzepter aus dem Quebec, der Schwäiz an dem Zürecher Kanton auserneegesat. Am zweete Semester 2014 huet de Ministère dovun eng Synthees gemaach a kontrovers, mä konstruktiv mat verschiddenen Akteuren diskutéiert. Dozou hu gezielt : d'Syndikater SEW an SNE, d'Associatioun Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg, d'Association luxembourgeoise des professeurs d'éthique, d'Fédération Générale des Instituteurs Luxembourgeois, d'Ligue Luxembourgeoise de l'Enseignement an d'Initiativ „Fir de Choix".

Dës participativ Démarche ass du méi konkret gi mam Beoptrage vu Kommissiounen, fir d'Programmkonzepter op d'Been ze stellen. Dës hu schonn déi éischt Konzepter erkläert souwéi d'Orientatioun an d'Haaptziler vum neie Cours festgehalen. 2015 gouf dunn och den éischte Kaderprogramm publizéiert, deen dunn erëm no Avise vun Experten amendéiert gouf.

D'Regierung gesäit an deem Kontext och vir, eng Kommissioun anzesetzen, déi sech mat deem Programm befaasst, an dëst och erëm am Dialog mat den Akteuren um Terrain. Esou ginn nieft dem Conseil des Cultes conventionnés och verschidde laizistesch Associatioune consultéiert, wann et ëm philosophesch respektiv reliéis Theme geet.

Här President, zum Fong vun dësem Projet de loi: D'Regierung hat zwou Méiglechkeeten: Entweder hätt d'Regierung am Sënn vun der Gläichberechtegung vun de Reliounen alle Glawensrichtungen d'Méiglechkeet kënne ginn, fir och hire Cours an den ëffentleche Schoulen ofhalen ze kënnen, oder awer et respektéiert een d'reliéis Neutralitéit vum Stat vis-à-vis vun den eenzelne Reliounen an et schaaft een ee gemeinsame Wäerteunterrecht.

Wéi Der wësst an och gesitt, huet d'Regierung sech fir déi zweet Optioun entscheet. An esou gëtt dann och an Zukunft just nach ee gemeinsame Cours ofgehalen. Et sief awer direkt bemierkt, datt et sech dobäi net ëm eng einfach Vermëschung vun deenen zwee Coursen handelt. Am Contraire. Et geet näämlech virun allem drëm, d'Schüler dozou unzereegen, unhand vun engem gemeinsame Wäerteunterrecht sech selwer Froen iwwert d'Liewen ze stellen.

De Cours soll jo net als Missionéierung déngen, mä d'Schüler an de Mëttelpunkt stellen. A si kréie matgedeelt, wéi ee sech als oppenen, toleranten, kriteschen a responsabele Bierger an enger Gesellschaft verhält. Et geet drëm, Wäerter, ob reliéis oder net reliéis, de Schüler ze vermëttelen, op déi si hiert ganzt Liewen och kënnen zréckgräifen.

Här President, zum Prakteschen dann nach: Mat dësem neie Cours gëtt déi nächst Rentrée an de Lycéeën ugefaangen. Am Fondamental dauert et opgrond vun engem Accord mam Bistum nach bis d'Rentrée 2017-2018.

Fir de Rescht vun den Avise verweisen ech op mäi schréftleche Rapport an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Laurent Zeimet fir d'CSV.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee sech op de Wee mécht an en huet e kloert Zil an en huet e Kompass, da léisst ee sech vläicht iwwerzeegen, fir mat him op dee Wee ze goen.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech wollt just derfir suergen, dass Der nogelauschtert kritt.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Dat ass léif, mä op där Säit maachen ech mer guer keng Suergen, Här President. Et sief...

(Brouhaha et interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Multitasker!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Et sief, et wëllt ee guer net dohinner, also op dee Wee, wou deen anere wëllt goen. A wann deen emol net kloer weess, wou en hiwëllt, a wann deen och nach kee Kompass derbäihuet, dann ass ee kaum bereet, deen éischte Schrëtt ze maachen. An esou geet et eis haut als CSV mat dësem Projet, fir de Moral- a Relioun sunterrecht am Secondaire duerch deen neie Cours „Vie et société" ze ersetzen.

Här President, mir sinn a bleiwe fir de Choix an der Grondschoul. Jo, mir sinn der Meenung, datt d'Eltere sollen décidéieren, ob hir Kanner eng reliéis oder eng net reliéis Erzéiung kréien. An dofir si mer och der Meenung, datt eng reliéis Éducatioun och an der Schoul muss kënnen ugebuede ginn.

Eltere musse vill Décisiounen am Intérêt vun hire Kanner huelen. D'Eltere sinn déi éischt Responsabel fir hir Kanner. An et gëtt Décisiounen, déi soll an däerf de Stat den Elteren net ewechhuelen. Dozou gehéiert de Choix, ob ee seng Kanner wëllt reliéis erzéien oder och net, an dee Choix muss de Stat respektéieren. An en ass och gehalen, den Elteren ze erméiglechen, hire Choix mat hire Kanner ze liewen. An et steet dem Stat net zou, dëse Choix ze jugéieren.

Elo kann een d'Motivatioun a Fro stellen, firwat d'Eltere sech fir deen een oder deen anere Cours décidéieren. Mä steet eis dat zou, dat ze jugéieren? Wären dat méi wéi Spekulatiounen? Neen! Also bréngt et och net vill, esou eng Diskussioun ze féieren.

Wie stéiert sech also un dësem Choix? D'Eltere vun de Kanner am Land bis elo net. Well et gouf keng Biergerinitiativ géint de Choix. Au contraire: 25.000 Ënnerschrëfte sinn zesummekomm, fir d'Aktioun „Fir de Choix" ze ënnerstëtzen. An och um Relioun sunterrecht an der Grondschoul huet kaum ee sech gestéiert, well 70% hu sech fir de Relioun sunterrecht décidéiert. An an enger Ëmfro vun TNS ILReS hu sech 70% vun de Befrote fir de Choix tëschent Moral- a Relioun sunterrecht ausgeschwat.

Mir sinn also der Meenung, datt mer net am politeschen Abseits hei stinn. Mir op alle Fall net. Au contraire.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Ganz au contraire. An och a 25 vun 28 Memberstate vun der Europäescher Unioun gëtt konfessionellen Unterrecht an de Schoulen ugebueden. Dat fannen iwwregens och am noen Ausland d'Politiker vun de Liberalen, deene Grëngen oder de Sozialdemokrate ganz an der Rei, datt et e Choix tëschent engem Relioun sunterrecht an engem aneren Unterrecht an hire Schoule gëtt.

A souguer bei der Exception française wësst Der, datt am Elsass eng aner Regel gëllt. A keen anere wéi de François Hollande huet sech dozou engagéiert, och dee Choix am Elsass bäizehalen.

(Interruption)

Mir stellen also fest, datt Är Kolleegen iwwert d'Grenz manner Angscht hu virun der Pluralitéit wéi hir Kolleegen hei am héijen Haus.

Une voix.- Dir hutt Angscht!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Absolutt net! Well dëst ass keng Debatt „Pafe géint all déi aner".

Här President, mir fannen, datt eng reliéis Éducatioun hir Plaz an der Schoul huet, besonnesch och, well mer un enger ëffentlecher Schoul wëlle festhalen. An da freet et sech, ob et net och dank dem Konsens ass, datt et eben eng reliéis Erzéiung bis elo an der ëffentlecher Schoul gouf a se méiglech wor, datt et net zu enger Spléckung vun der Schoulpopulatioun komm ass.

Mir ënnerstëtzen als CSV d'Privatschoulen. Mir gesinn awer och, datt duerch eng ëffentlech Schoul, déi der reliéiser Erzéiung Raum ginn huet, et an der Vergaangenheet net zur Grënnung vu méi Privatschoulen huet misse kommen.

Virun honnert Joer huet de Schoulsträit d'Land opgereegt. An et gehéiert zur traureger Ierfschaft vun dëser Koalitioun, dëse Sträit ouni Grond an ouni Ulass nees provozéiert ze hunn.

Här President, mir kënnen och net novollzéien, wéisou ausgerechent de Choix tëschent reliéiser an net reliéiser Erzéiung eng Spléckung vun de Kanner soll provozéiert hunn. Prinzipiell ass et jo esou: Et gëtt Jongen an et gëtt Meedercher. Et gëtt Elteren, déi hunn en décke Portmonni, an et gëtt Elteren, déi hunn e manner décke Portmonni. Et gëtt der, déi si gutt am Rechnen, an et gëtt der, déi si gutt an de Sproochen. Et gëtt der, déi sinn a béidem gutt. An et gëtt der, déi sinn a béidem manner gutt oder hunn an de Sproochen an am Rechnen hir Schwieregkeeten. An da gëtt et der, déi si gutt am Sport a maachen dat gär. An et sinn der, déi maachen dat manner gär. An ech kéint esou virufueren.

A schliisslech gëtt et der, jo, a schliisslech gëtt et der, déi gleewen. An et gëtt der, déi net gleewen. A mir trennen d'Klassen a ganz ville Matièren. Elo hunn ech selwer ni erlieft an och net kënne bei Matschüler observéieren, bei Kanner observéieren, datt se traumatiséiert waren, well déi eng an der Moral an déi aner am Relioun sunterrecht waren. Wann ech emol eppes héieren hunn, dann, datt dee Cours vläicht net ëmmer den Erwaardungen entsprach huet. Mä dat héiert een och iwwer all aner Matièren a kann also net als Grond fir d'Ofschafung vum Reliouns- a Moralunterrecht duerhalen.

Et ass sécher richteg, datt keen, keen dierf gezwonge ginn, seng Kanner an e reliéise Cours ze schécken. Wann dat awer richteg ass, firwat ass et dann net och richteg, datt keen däerf gezwonge ginn, seng Kanner an e staatleche Wäerteunterrecht ze schécken?

Esou en exklusiven, obligatoresche Cours, deen Dir ustrieft, dee gëtt et néierens an der Europäescher Unioun.

Une voix.- Ausser am CSV-Wahlprogramm.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Firwat solle mer iwwerhaapt eng Wäertevermëttlung dem Stat zoutrauen? Ginn d'Wäerter vum Stat aus?

(Brouhaha)

Oder ass et...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Gedold, Gedold, Gedold!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Zeimet ass deen éischte Riedner. Et sinn der nach vill hannendrun. Et ka jiddweree seng Meenung soen.

(Interruptions)

Loosst lech net oflenken, Här Zeimet, a fuert virun!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Neen, neen. Mä ech verstinn déi Nervositéit net. Ech si jo nach guer net um Héichpunkt ukomm.

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, Dir wëllt ënnerbrach ginn.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Oder ass et net éischter esou, datt d'Wäerter vun de Mënschen a Gemeinschaften ausginn, aus deene sech de Stat zesummesetzt. Soll de Stat, muss de Stat eng Moral a Wäerter virginn, sief et eng kathoulesch oder eng laizistesch Moral?

Déi Wäerter, op déi mer eis haut beruffen, déi mer deelen, déi mer vläicht ënnerschiddlech gewiichten an och ënnerschiddlech vläicht interpretéieren, déi mer awer am Grondsaz net a Fro stellen, wéi, un éischter d'Plaz, d'Dignitéit an d'Fräiheet vun all Mënsch, déi Wäerter, déi mer an eiser Verfassung, an der Deklaratioun vun de Mënscherechter erëmfannen, déi hu sech net einfach esou op eemol aus fräiem Himmel duerchgesat.

Wéi mer leider ëmmer erëm op tragesch Aart a Weis erliewen, mécht eist Wäertefundament och net iwwerall op der Welt an och net heiheem Konsens. A mir sollen eis net drop verloossen, datt et en Automatissem gëtt, et eng Selbstverständlechkeet ass, datt jiddwereen an eiser Gesellschaft déi Wäerter deelt.

Dat Fundament, op deem mer opbauen, ass net esou stabill, wéi ëmmer behaapt gëtt. An d'Glawensgemeinschaften alleguer hunn dëst Fundament mat gegoss. Fir déi eng ass dat haut just nach en Héritage, fir anerer awer nach ëmmer geliefte Realitéit. A mir sinn drop ugewisen, datt eng Vermëttlung vun dëse Wäerter an der Famill, an de Gemeinschaften, an de Veräiner, an de Gemenge gelieft gëtt. A mir mengen net, datt ee Wäerter an d'Liewe vu Wäerter ka staatlech dekretéieren.

Här President, d'Regierung stellt d'Ofschafung vum Cours am Secondaire an de Kontext vun der genereller Ofschafung vum Moral- a Reliounsunterrecht. Well mer weider der Meenung sinn, datt an der Grondschoul e Choix soll bestoen, kënne mer och net mat dëser Ofschafung am Secondaire averstane sinn.

Richteg ass, datt mir als CSV an eisem Wahlprogramm d'Aféierung vun engem gemeinsame Cours am Secondaire ugeduecht hunn. Virun deem Saz stoung awer ganz kloer de Saz, datt mer an der Grondschoul weider um Choix tëschent Moral- a Reliounsunterrecht wäerte festhalen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- An dëst war fir eis eng Viraussetzung. De Glawen an d'Wëssen iwwer Relioune si ganz verschidde Saachen. Eng encadréiert Glawenserzéiung am Fondamental fir déi Elteren, déi et wënschen, an eng objektiv Wëssensvermëttlung iwwer Reliounen an Iwwerzeegungen am Secondaire, dat war eist Zil.

An dëst ënnerscheet eis kloer vun der Approche vun DP, déi gréng an LSAP, déi e Cours vum Fondamental bis an de Secondaire wëllen duerchdeklinéieren. Mir hätten eis am Secondaire kënnen e Cours virstellen, deen am Dialog mat allen Akteuren zustane komm wier. Genau dat ass awer net geschitt, contrairement zu deem, wéi et nawell just presentéiert gouf, och wann de Minister d'Leit gleewen deet, datt e grousse Konsens iwwer Sënn, Zweck an Inhalt vun dësem Cours géif bestoen.

Wéi erkläert et sech soss, datt grad dëst vun de Concernéierten anescht gesi gëtt a kritiséiert ginn ass? Weder d'AHA nach de Conseil des Cultes waren iwwert de Kaderprogramm begeeschtert. Elo soll de Cours an d'Hänn vun den Enseignantë geluecht ginn, déi dann de Cours musse mat Liewe fëllen. Si mussen also kucken, datt se eens ginn.

De Statsrot huet drop higewisen, datt de Cours, am Respekt vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, den Elteren hir Iwwerzeegunge muss respektéieren. An d'Schüler dierfen net an e Konflikt tëschent hiren Elteren an der Schoul geroden.

Kann den eenzelnen Enseignant dat eleng ofschätzen? Oder muss en ëmmer fäerten, iergendeppes Falsches vläicht ze soen oder eppes ze soen, wat fir Opreegung suergt? Kënnen d'Eltere sécher sinn, datt hir reliéis Erzéiung doheem net an der Schoul herno ridiculiséiert gëtt?

Mir stelle fest, datt de Minister zougesteet, datt et Differenze ginn an Iwwerzeegungen, déi een net op een Nenner kritt. Dofir bleift et méi wéi onkloer, wat herno a geschwënn an deem Cours „Vie et société" soll enseignéiert ginn.

Et bleift onkloer, wéi dëse Cours soll niewent Fächer wéi Geschicht, Philosophie, Instruction civique, Sciences humaines, wéi dee soll do derniewent bestoen. Wat eis awer virun allem feelt, dat ass, datt dee Cours eben net op d'Reliounen an hir Roll an der Gesellschaft ageet.

De Conseil des Cultes huet a sengem Avis festgestallt, datt de Fait religieux am neie Cours largement ausgeschloss ass. Bei 166 Theme kënnt eng Referenz op Relioune grad emol 23-mol vir.

An et stellt sech och d'Fro, firwat déi Avise vun den Experten ni public gemaach goufen. Mat Recht gëtt drop higewisen, datt kee methodescht oder didaktescht Konzept um Dësch läit, wéi a wat soll ab September enseignéiert ginn. Eng seriö Elaboratioun vun engem Programm ass net gemaach ginn. Et geet der Regierung eenzeg an eleng drëm, schnell Fakten ze schafen an hiren ideologesche Programmpunkt schnell kënnen ofzehaken.

Här President, mir liewen an enger Zäit, wou Relioun a reliéis Iwwerzeegunge fir all oder fir vill Matmënschen op der Welt eng wichteg Roll spillen.

A mir liewen erëm an enger Zäit, wou de Glawen oft mëssbraucht gëtt. A mir liewen an enger Zäit, wou déi Gleeweg an déi Netgleeweg sech kaum nach verstinn. Elo kann ee soen, wéi de Minister et mécht, et wier net un him an der Regierung, derfir ze suergen, datt do e Konsens tëschent oniwwerbréckbaren Differenzen hiergestallt gëtt.

An et gouf nach eng weider Optioun, Här Delles: Aacht Glawensgemeinschaften haten ugebueden, e gemeinsame Cours iwwer Reliounen unzebidden. War dat net eng historesch Chance: Judden, Katholicken, orthodox an evangelesch Kierchen a Muslimen zesummen, fir ee gemeinsame Cours?

Mir waren iwwerrascht, wéi schnell an ouni weider Diskussioun de Minister dës Offer ausgeschloen huet. Wat d'Glawensgemeinschafte proposéiert hunn, ass u sech dat, fir wat sech den Theolog Hans Küng mat der Stëftung Weltethos zanter Laangem asetzt:

„Kee Fridden tëschent den Natiounen ouni Fridden tëschent de Reliounen. Kee Fridden tëschent de Reliounen ouni Dialog tëschent de Reliounen. A keen Dialog tëschent de Reliounen ouni global ethesch Standarden!", sou dem Hans Küng seng Formule.

Mir haten d'Chance ugebuede kritt, fir esou en innovative Cours hei am Land kënnen anzeféieren. Mir bedaueren et, datt de Minister an d'Regierung dës Chance net ergraff hunn. Den Äifer, fir all Reliéises aus dem ëffentleche Liewen ze verbannen, ass net modern, mä anachronistesch.

(Brouhaha)

Une voix.- Oh!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- An en onverkrampften, onideologeschen Emgang mat Reliounen a gleewege Mënschen ass eng Noutwendegkeet vun dëser Zäit. Dofir muss een awer e Versteesdemech an eng gewëssen Toleranz zouloossen.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- An dofir brauch et och eng Wëssensvermëttlung iwwer Reliounen a Glawensformen. Natierlech ass de Glawe fir jiddwereen e private Choix. An et ass ee sécher net e bessere Mënsch, wann ee gleeft. An et ass een och net e bessere Mënsch, wann een net gleeft.

An et kann een och ee ganz oppenen an ee ganz kritesche Mënsch sinn, och wann ee Katholik ass, Här Rapporteur!

Reliounen agéieren am ëffentleche Raum a sinn net privat. Dofir soll et dem Stat och net egal sinn, wéi se agéieren a wat se priedegen. An dofir ass eis e Reliounsunterrecht an der Schoul léiwer wéi e Reliounsunterrecht an der Garage. Mir si fir de Choix an der Grondschoul. Mir si fir eng seriö reliéis Bildung am Lycée. Mir si géint d'Ofschafe vum Choix a géint e Wischiwaschi-Cours.

A well mer dee Wee net wëlle matgoen, maache mer och haut net dësen éischte Schrëtt. Dofir stëmme mer géint dëst Gesetz a soen awer dem Rapporteur Merci fir seng Aarbecht.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Wuert huet elo den zweete Riedner, den Här Claude Lamberty fir d'DP.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Evolutioun, Evolutioun ass eppes, wat d'Mënschheet säit Dausende Jore begleet. Et ass eppes Natierleches, a ganz ville Beräicher sichtbar. Et ass eng Verännerung, déi sech no an no vollzitt an déi ni ophält. Evolutioune geschéien op ville Pläng: an der Biologie, an der Chimie, an der Kultur, an der Soziologie an och a ganz konkret hei op gesellschaftlechem Plang.

Mir stellen haut fest: Zu Lëtzebuerg liewe Mënschen aus iwwer 150 Natioune mat ënnerschiddleche Kulturen, Sproochen an och reliéisen a philosophesche Hannergrënn. Deen „melting pot" un Natiounen ass säit Jore Realitéit an eisem Land - eng ganz positiv Realitéit, et dréit näämlech grad dat friddlecht Mateneeliewen zum Wuelstand an zur Beräicherung vun eisem Land bäi.

Ech denken, et ass keen heibannen, dee fënnt, dass et eisem Land schlecht geet, dass et eise Bierger am Land, dass et eis als Gesellschaft schlecht ergeet. Et ass och, mengen ech, keen heibannen, deen net gär déi Villfalt u Kulturen, deen net gär déi ënnerschiddlech Virdeeler vun der internationaler Gastronomie oder Kultur genéisst.

Lëtzebuerg ass haut eng oppen, friddlech a multikulturell gepräägt Gesellschaft, an dat ass och gutt esou. Lëtzebuerg ass eng Gesellschaft, déi an de leschten honnert Joer eng staark Evolutioun erlieft huet.

Geet et eis haut gutt, ass dat deene Generatiounen, déi virun eis waren, ze verdanken. Konnt Lëtzebuerg evoluéiere vum landwirtschaftlech gepräägte Ländchen hin zur Schmelzindustrie, doduerch säi Räichtum opbauen, dëst och besonnesch dank der Mathëllef vu villen Immigranten, hin zu engem internationale Banken- a Finanzzentrum mat héijer intellektueller Fäegkeet aus der ganzer Welt an Zentrum vun europäeschen Institutioune mat Leit vum ganze Kontinent, sou ass dat eng Evolutioun, vun där mir haut all am Land profitéieren. Mir sinn haut am Joer 2016 eng multikulturell Gesellschaft mat ville Fäegkeeten a Facetten.

Et si mir alleguer, déi haut dëst Land prägen, déi eis Gesellschaft ausmaachen. Mir liewe friddlech mateneen an niewenteneen. Mir sinn eng oppe Gesellschaft a mir kënnen houfreg drop sinn.

Déi jéngste Bierger, déi mir hunn, sinn eis Kanner. Si ginn an eis Gesellschaft eragebuer a wuessen an engem Emfeld vu Fridden a Wuelstand op. Si erliewe vu klengem un déi Internationalitéit, déi eist Land ausmécht. Si liewe problemlos mat Kolleegen aus wäit iwwer 150 verschiddenen Nationalitéiten, erliewen déi Ënnerscheeder tëschent de Kulturen an de Reliounen, déi Villfalt vun den Natiounen. Si genéissen d'Kichen aus allen Ecke vun der Welt. Si héieren a verstinn oder schwätzen zum Deel souguer déi verschidde Sproochen, déi se opsauge bei hire Kolleegen.

Alles dat ass Lëtzebuerg! Dat alles léieren déi Kanner problemlos kenne beim Opwuessen. Et ass Normalitéit fir si an eiser oppener Gesellschaft. Wa mir vun Evolutioun schwätzen, da musse mir enger Tatsaach an d'A kucken, an dat ass déi, dass d'Roll, déi Omnipräsenz vun der Kierch an der Gesellschaft haut net méi déi nämlecht ass wéi viru 50 oder virun 100 Joer.

De Fait, dass ëmmer manner Leit an eis Kierchen am Land gi respektiv souguer aus der Kierch austrieden, soll elo hei absolutt net bewäert ginn. Do kann a muss all Mënsch seng eege Verantwortung iwwerhuelen a säi Wee goen, esou wéi hien dat wëllt maachen, esou wéi hien et fir sech perséinlech fir richteg a wichteg hält.

Mä souwuel de subjektive Bléck, wann ee laanscht d'Kierchegebaier geet a kuckt, wéi wéineg Leit an de Kierche sëtzen, wéi och den objektive Bléck op d'Zuelen, wat d'Austrëtter aus der Kierch ubelaangt, ënnermaueren dës Tatsaach, dass d'Kierch haut eng aner Roll a Wichtegkeet bei de Leit huet.

Déi Evolutioun huet sech an de leschten honnert Joer vollzunn. D'Kierch huet sech vun enger wichteger Institutioun, déi dagdeeglech präsent am Liewe vun de Leit am Duerf oder der Stad war, zu enger Niewesaach am Liewe vun deenen allermeeschte Bierger hei am Land entwéckelt.

Och do, ech hunn absolutte Respekt viru jiddwerengem sengem Glawen, a meng Sätz beschreiwe just den Istzoustand ouni Bewäertung. Jiddweree soll a kann a senger Privatsphär säi Glawen ausliewen, am Respekt mat deenen anere Matbierger.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Mä et bleift e Fait, dass déi omnipräsent kathoulesch Kierch vum leschte Jorhonnert haut net méi dee Stellewäert anhëlt an eiser Gesellschaft, an dofir ass et fir mech och absolutt logesch, dass mir eis haut hei un eng Realitéit adaptéieren.

Well et eng Aufgab vun der Schoul ass, sech mat de Froe vum gesellschaftlechen Zesummeliewen an Zesummenhalen auserneenzesetzen, war et un der Zäit, fir där Evolutioun och an der Schoul Rechnung ze droen.

D'Gesellschaft ass haut ebe vill méi multikulturell, vill méi international, vill méi multiethnesch, vill méi multireliéis wéi am leschte Jorhonnert. An dorop gëtt reagéiert. D'Politik däerf virun der gesellschaftlecher Realitéit näämlech d'Aen net verschléissen. Dofir ass et wichteg, als Politik de Kader ze schafen, fir an der Schoul och déi Realitéit vun haut kënnen ze thematiséieren an ze verdéiwen. Der Politik hir Aufgab ass et, op d'Froen, déi sech duerch d'gesellschaftlech Verännerunge stellen, eng Äntwert ze fannen. Dat ass Fakt.

Wat sinn elo d'Ziler vum neie Schoulfach, dem Wäerteunterrecht? D'Schüler sollen inhaltlech bäiléieren, si sollen e breeden Iwwerbléck kréien iwwert d'Weltanschauungen an Ideologië vun hiren Noperen a Matbierger. Si solle léieren, wat et bedeit, wann de Bänknoper an der Schoul vun enger anerer Ideologie gepräägt ass oder eng aner Relioun huet wéi ee selwer. Sech besser verstoe léieren, heescht Konflikter vermeiden an de Respekt virum perséinleche Choix vun all Eenzelnem ze erhéijen.

Déi jonk Generatioune solle léieren, woufir verschidden Ideologië stinn, wat et bedeit, wa Leit, déi ee kennt, ënnerschiddlech Liewensorientatiounen hunn, an dozou gehéiert och, e breet Wëssen an dee richtegen Ëmgang mat anere Reliounen oder Liewensphilosophien ze hunn.

D'Schüler kréien also e Bagage mat op de Wee, e Bagage, deen hinnen et erlaabt, aner Leit besser ze verstoen. Si kréien e breet Wësse vermëttelt, wat zu engem bessere Verständnis fir d'Gesamtsituatioun vun der Gesellschaft féiert an esou deene Jonken et erlaabt, an där oppener an toleranter Gesellschaft erwuessen ze ginn a mat der gesellschaftlecher Diversitéit richteg ëmzegoen.

Zu all deem gehéiert den Ëmgang mat ënnerschiddleche Weltanschauungen, Ideologien, private Liewensorientéierungen an och Reliounen.

Ech wëll hei awer och nach mat engem Viruerteel opraumen: Den neie Wäerteunterrecht bedeit net, dass dee Cours „antirelioun" oder areliéis ass. D'Reliounen - an ech bestinn hei ganz kloer um Pluriel vum Wuert - si Bestanddeel, feste Bestanddeel vum Allgemengwëssen, wat am Wäerteunterrecht vermëttelt gëtt.

D'Verstoe vun de Reliounen ass e wichtege Schlëssel, fir weltwäit Zesummenhäng kënnen ze verstoen, an dofir vu grousser Wichtegkeet am Léierprozess, am Erwuessegi vun all eenzelnem Schüler. Et gëtt net déi eng Relioun, et gëtt vill Reliounen. All hu se hir Plaz a Wichtegkeet am Liewe vu ville Leit. Mä wa mer wëllen, dass d'Mënsche sech ënnerenee verstinn, ass et wichteg, een deen aneren ze kennen. A grad do läit e ganz grousse Plus vun dësem neie Fach: D'Wëssen iwwer Reliounen, Wäerter a Philosophië brëngt eis Schüler op e Level, fir anerer kënnen ze verstoen - woubäi mer beim Term vun „Wäerter" wären.

Wäerter wéi Toleranz, Akzeptanz a Respekt si Grondwäerter vun eisem Zesummeliewen. A geneesou musse se och vermëttelt ginn. Ouni déi Wäerter kéinte mir net friddlech matenee fonctionnéieren. Toleranz, Akzeptanz a Respekt sinn d'Wäerter, op deenen eng pluralistesch Gesellschaft opgebaut ass, Wäerter, déi souwuel vun de Weltrelioune wéi de laizisteschen an humanisteschen Organisatioune gedeelt ginn. Et ass quasi e Fundament fir eist gemeinsamt Zesummeliewen. D'Schüler sollen a musse léieren, sech sachlech mat etheschen, moralesche Froen auserneenzesetzen a se och kritesch kënnen ze analyséieren. Net méi an net manner ass den Optrag un d'Enseignanten, déi an Zukunft déi ganz wichteg Aufgab hunn, fir dëse Wäerteunterrecht ze ënnerriichten.

Ech ënnersträichen hei ganz kloer: Et ass kee Fach géint iergendeen, et ass au contraire e Fach fir eist gemeinsamt Zesummeliewen an der Gesellschaft a fir d'Allgemengbildung vun eise jonke Generatiounen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Firwat gëtt dëst Fach elo agefouert? Här President, de Stat hëlt hei d'Neutralitéit vis-à-vis vun deenen eenzelne Reliounen an. Dat ass de Wee, fir deen d'Regierung gradesou wéi d'Demokratesch Partei sech décidéiert hunn. Ech erënneren iwwregens drun, dass d'Demokratesch Partei, méi genee d'Deputéiert Anne Brasseur an Eugène Berger, schonn 2008 an der Éducationskommissioun virgeschloen haten, de kathoulesche Reliounsunterrecht ofzeschafen an duerch en allgemenge Wäerteunterrecht ze ersetzen.

Luewenswäert ass, dass de Projet zesumme mat Partner ausgeschafft gëtt, am Dialog. Et gouf vill zesummen diskutéiert an et goufe Léisunge fonnt. Nieft enger Konventioun mat verschiddene Glawensgemeinschaften, déi ënnerschriwwe gouf, kann ee positiv ervirsträichen,

dass an engem Groupe interministériel zesummen diskutéiert gouf a mat villen Akteuren zesummen e Programm konnt ausgeschafft ginn, deen all den Aspekter Rechnung dréit an deen eng Äntwert ass fir dat, wat mir eise Kanner mat op de Wee sollen a musse ginn.

Ech fannen et schued, dass am Zesummenhang mam neie Cours ëmmer nees eng cibléiert Polemik entsteet, déi och ëmmer vun enger Säit kënnt, déi sech awer ni wierklech mam Inhalt auserneesetzt. Dofir, nach eng Kéier ganz kloer: Deen neie Cours ass weder areliéis nach antireliéis. E wäert d'Reliounen, déi eng gesellschaftlech Realitéit sinn, net ausblenden!

(Interruption)

Nach e Wuert zur Pondératioun am Cours. D'CSV, méi genee d'Madamm Hetto, hat d'lescht Woch am Hearing mat der Jugendkonferenz bedauert, dass d'Relioune just nach zu 5% am neie Cours vertruede wären.

Ech fannen dat schued, dass ee sech hei iwwer Prozentzuelen opreegt. Mir schwätzen hei iwwer e Fach, an deem fundamental Froe wéi den Doud oder d'Léift thematiséiert ginn. Ass et do ubruecht, quasi eng Épiciersrechnung mat Prozenter ze maachen? Dat ass op jidde Fall net dat, wat ech mengen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Dann, Här Zeimet, lech wollt ech dann och nach froen: Ech fannen et e bësse komesch, wann een am Wahlprogramm dat eent freet, dann hei op der Tribün awer béides quasi probéiert ze argumentéieren, just fir béid Flilleken, déi méi liberal an déi manner liberal, ze befriddegen. Dat ass u sech net dat, wat ech vun enger CSV erwaarden!

(Brouhaha général et hilarité)

Här President,…

Une voix.- A wat erwaarden Är Wieler dann?

M. Eugène Berger *(DP)*.- …dass Dir zu Ärem Wahlprogramm stitt, CSV!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Also, ech mengen, den Här Zeimet huet méi Froen opgelooss, wéi dass en Äntwerte ginn huet. Et ass ebe genau dat, wat ech gesot hunn: Op där enger Säit hutt Der dat eent geschriwwen, op där anerer Säit sot Der awer, Dir wäert dergéint. Entweder Dir wëllt alles oder Dir wëllt näischt! Dir sidd hei ganz - wéi soll ech dat elo nennen? -, Dir wëllt lech hei u sech bei béide Flilleke beléift maachen, ouni eng kloer Positioun ze bezéien. An dat ass ganz schued.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption et brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ech net!

Une voix.- Dir musst dem Wahlprogramm einfach nolauschtere vun der CSV!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir musst nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Lamberty, Dir hutt den Här Zeimet direkt ugeschwat. Et ass also ëmmer besser, wann Der lech un d'Chamber riicht. Mä well Der lech un den Här Zeimet geriicht huet, ginn ech dem Här Zeimet kuerz d'Wuert.

Une voix.- Ei, ei, ei!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt dem Här Lamberty da just nach eng Kéier rappeléieren, wat ech elo just zwar och a menger Ried sot. Mä en hat vläicht keng Zäit, fir nozelauschteren, ech weess et net.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ech hunn lech gutt nogelauschtert.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Dann hutt Der jo och héieren, datt ech gesot hunn, datt mir dat zwar am Wahlprogramm haten, mä datt do virdrun e ganz wichtege Saz fir eis alleguerte war, näämlech datt mir beim Choix bleiwen an der Grondschoul, deen Dir jo wëlles hutt ofzeschafen. An dat eent...

(Brouhaha et interruptions)

Da liest Ären eegene Rapport, do steet scho ganz genau dran, wat nach weider wäert kommen! An Dir wësst jo selwer, wat Der nach wëlles hutt. Mir sinn domadder net d'accord. Mir bleiwe beim Choix an der Grondschoul a mir hätten eis kënnen e Cours iwwer Reliounen am Lycée virstellen. An dat, wat Dir elo hei ubitt, ass absolutt net dat. Dat hunn ech probéiert, virdrun ze argumentéieren, an dobäi bleift et.

A maacht lech keng Suergen iwwert d'CSV: Déi steet zesummen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- An ech bleiwen dobäi, dass Är Positioun net kohärent ass!

(Interruption)

Här President, zur Konklusioun: D'Demokratesch Partei steet zu honnert Prozent hannert der Iddi vum eenheetleche Wäerteunterrecht an eise Schoulen. Mir sinn der Meenung, dass eise Schoulsystem soll integrativ wierken an d'Kanner net opgrond vun hirem kulturellen oder reliéisen Hannergrond an de Klassen trennen.

Déi Evolutioun, déi eis Gesellschaft erlieft huet an déi eben déi Realitéit huet, déi se huet, kritt haut mat dësem Gesetz e juristesche Kader, deen an d'Joer 2016 passt. Si ass no vir geriicht a bënnt déi modern Gesellschaftsformen a Philosophien an, ouni ze vergiessen, wat d'Reliounen an eiser Geschicht an am Liewe vu ville Leit och haut nach fir e Stellewäert anhuelen. Et ass keng Revolutioun, mä et ass eng néideg Adaptatioun, eng Upassung un d'Realitéit.

Mat dësem Wäerteunterrecht gi mir eis als Gesellschaft eng modern Wëssens- a Wäertevermëttlung an erliichteren eise jonke Generatioune ganz sécher, d'Gesellschaft besser ze verstoen. De Wäerteunterrecht ass e Cours, dee sech objektiv mat alle moraleschen, reliéisen a philosopheschen Denkrichtungen auserneesetzt; e Cours, an deem eis Kanner zu eegestännegem Denken, zur Selbstreflexioun animéiert ginn; e Cours, an deem iwwert déi wichtegst Froen am Liewen diskutéiert gëtt; kuerz gesot e Cours, deen eise Kanner an eise Jugendlechen déi richteg Starthëllef mat op de Wee gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Dëst gesot, soen ech all Mënsch Merci, vir ugefaange mam exzellente Rapporteur Lex Delles, de Leit an de Ministèren an Administratiounen, den Experten, déi dozou bäigedroen hunn, dass déi Evolutioun och elo am Klassesall wäert ukommen. Ech wënschen den Enseignantë fir d'Zukunft flott Diskussiounen an de Schoule mat deene Jonken iwwer wichteg Froen ronderëm eis Gesellschaft.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dann däerf ech och nach eng Kéier Merci soen.

(Hilarité et interruption)

Well de Message vun de Moien nach net op alle Plazen ukomm ass: Mir gi jiddwerengem nach eng Chance. An nächste Riedner ass den Här Georges Engel fir d'LSAP.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Lex Delles, dem Rapporteur, fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. Gleeft mer, ech si richteg frou, haut iwwert de Projet de loi 6967 kënnen hei ze schwätzen. Et geet, wéi gesot, ëm d'Aféieren am Secondaire vun engem Cours, deen „Vie et société" heescht an deen de Reliounsunterrecht an de Cours d'éducation morale et sociale wäert ersetzen.

Den Henri Peña-Ruiz huet d'Schoul esou ëmschriwwen: «À l'école, il y a des élèves et non des petits juifs, musulmans, chrétiens ou athées. Ils sont là pour s'instruire et devenir des hommes libres… à tout point de vue.»

Véier Froen a véier Äntwerten - déi éischt Fro: Firwat déi Reliouns- a Morallscoursen ersetzen duerch e gemeinsame Cours, deen drop ausgeriicht ass, allgemeng Wäerter ze vermëttelen?

D'Gesellschaft vun haut ass eng aner wéi déi vu gëschter. Si ass méi pluralistesch. Et si méi Reliounen hei zu Lëtzebuerg vertruede wéi fréier. Ëmmer méi Leit mat verschiddenen Nationalitéiten, mat engem anere kulturellen, soziologeschen Hannergrond sinn an eisem Land, wunne bei eis a liewen hei.

Den Artikel 19 vun der Verfassung garantéiert d'Reliouns- an d'Meenungsfräiheet. Bis elo hat awer déi chrëschtlech Relioun e Monopol an der Schoul. Keng aner Relioun ass do enseignéiert ginn. Dat verstéisst fir eis géint de Gläichheetsprinzip an d'Netdiskriminéieren op Basis vum Glawen. Et verstéisst deemno och géint d'international Mënscherechter. D'Mënscherechter sinn e gutt Stéchwuert. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck.

Eenzeg aner Alternativ zum Wäerteunterrecht, dee mer elo aféieren, wär deemno gewiescht, alleguer d'Reliounen an der Schoul ze enseignéieren, an donieft dann och nach e Cours fir Atheisten, Agnostiker an Humanisten. D'Schüler géifen also an deem Zeenario hirer Relioun no a Klassen opgedeelt ginn. Dëst géif awer d'Trennung, déi mer elo schonn an eiser Schoul hunn, nach méi schlëmm verschäerfen.

An ech soen lech, Dir Dammen an Dir Hären: Dat wëlle mir net! Dëst ass mat Sécherheet net dat, wat mir ënner engem gemeinsame Wäerteverständnis verstinn. Mir hätte gär, dass d'Kanner déiselwecht Wäerter vermëttelt kréien, egal u wat se gleewen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Duerfir huet d'LSAP an hirem Wahlprogramm 2013 stoen, dass si fir „die Einführung eines einheitlichen, religionsneutralen Werteunterrichts in allen Grund- und Sekundarschulen" wär. Mir setzen also heimat eise Wahlprogramm ëm an och de Regierungsprogramm, well doranner steet: «Il sera introduit un cours unique neutre et harmonisé d'éducation aux valeurs pour tous les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire, lequel remplacera les cours actuels „Formation/Éducation morale et sociale" et „Instruction religieuse et morale" dans l'enseignement fondamental et secondaire.» An och d'CSV hat an hirem Wahlprogramm vun 2013 stoen, si wéilt um Secondaire - genau also dat, wat elo geschitt! - de Wäerteunterrecht aféieren.

(Interruption)

Et steet näämlech an Ärem Wahlprogramm. Ech zitéieren lech gären:

(Brouhaha)

«Au niveau du secondaire, l'enseignement des valeurs et de la religion seront fusionnés dans un cours commun sur les valeurs et les civilisations. Cette fusion se fera dans le dialogue, en concertation et après négociations avec les acteurs concernés.» A genau dat - genau dat! - ass hei geschitt. Dëse Cours ass am Dialog, no Concertatioun an no Négociatioune mat de concernéierten Akteuren ausgeschafft ginn. An d'Kierch, d'kathoulesch Kierch ass d'accord mat der Ëmsetzung vum neie Cours, esou wéi dat am Accord vum 26. Januar 2015 festgehalen an ënnerschriwwe gouf.

An et huet een hei e bëssen d'Impressioun gehat, wéi wann d'CSV hei géif mengen, dass d'Kierch net d'accord wär domadder. Ma dach! Déi hunn dat ënnerschriwwen! Déi sinn domadder d'accord!

An ech wéilt an deem Kader och nach drop hiweisen, dass mer an der nächster Woch hei iwwert déi finanziell Relatioune mat de verschiddene Reliounsgemeinschafte wäerten ofstëmmen an dass och schonn d'Gesetz iwwert d'Kierchefabricke scho reforméiert ginn ass. An dat alles am Accord mat der kathoulescher Kierch!

D'kathoulesch Kierch huet hei, wéi ech fannen, eng ganz progressiv an ënnerstëtzenswäert Haltung geholl, wat ech leider bei der CSV vermëssen.

(Brouhaha)

An elo weess een, dass ee leider net ëmmer alles, wat an engem Wahlprogramm steet, ëmgesat kritt; an der Oppositioun nach vill manner. An dat ass aus verschiddene Grënn. Dat wësst Der alleguer.

D'CSV, déi Chrëschtlech...

(Interruption)

D'CSV, déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei misst sech also hei elo freeën, obwuel se an der Oppositioun ass, dass - an dat am Accord mat der kathoulescher Kierch, ech soen et nach eng Kéier - hei zu honnert Prozent hire Wahlprogramm ëmgesat gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grouss war meng Verwonnerung,...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- D'CSV gëtt iwwerflësseg.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- ...wéi an der Kommissioun d'CSV dat heiten net gestëmmt huet. D'CSV ass also hei méi helleg wéi de Poopst! D'CSV stëmmt dëse Projet näämlech net mat, huet se gesot.

(Interruption)

Si stinn also net méi zu deem, wat se hire Bierger versprach hunn. Si hunn de Bierger also virun dräi Joer eppes versprach, wat se haut net méi anhalen.

(Interruptions)

An d'Beweeggrënn, fir dat ze maachen,…

Une voix.- Här Engel!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- …an d'Beweeggrënn, fir dat ze maachen, Här President,…

(Interruption)

…Dir Dammen an Dir Hären, déi sinn awer reng, awer wierklech esou eppes vu reng! Well si soen näämlech...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Si sinn op jidde Fall ze reng fir lech.

(Protestations)

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Oh jo! Dat war eng ganz intelligent Remarque.

(Brouhaha général)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Vläicht och fir Är Wieler!

(Brouhaha général)

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Ganz intelligent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou! Sou!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Si soen näämlech, d'CSV seet näämlech,…

(Interruptions)

Une voix.- Opposition ist Frust…

(Interruptions)

Une autre voix.- Freet lech net ze fréi!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà, esou, an elo huet just nach de Riedner d'Wuert an et mécht kee vis-à-vis vun deem anere Remarquen.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Et war op alle Fall keng statstragend Remarque.

Si soen, d'CSV seet näämlech, well am Projet de loi stéing, dass et no der Aféierung am Secondaire och zu enger Aféierung am Fondamental géif kommen, géife si dëst Gesetz net matstëmmen. An dat, obwuel si dat esou, wéi et hei an dësem Text och steet, an hirem Wahlprogramm stoen haten. An dobäi kéinte si dach einfach, wann elo d'nächst Joer dat am Fondamental, dee Cours am Fondamental agefouert gëtt, do einfach dergéint sinn! Dann hätte se jo dat, wat an hirem Wahlprogramm steet, ëmgesat, an deen anere Punkt hätte se net ëmgesat, well am Fondamental wäre se dann dergéint. Mä dat maache se net.

Et vermësst een hei zimlech d'Fro vun der Konsequenz. Déi Chance hu se leider verpasst.

(Interruption)

D'LSAP ass der Meenung, dass de Glawen als Cours net an d'Schoul gehéiert. Jiddweree bleift fräi, säi Glawen ze hunn, a jiddweree kann och sengem Glawen a senger Fräizäit nogoen, wann e wëllt. An dat muss een net an enger Garage maachen, an de Kierchen ass dofir ganz vill Plaz; déi si meeschtens ganz vill eidel.

Mä an der Schoul solle wëssenschaftlech Methoden a Léieren enseignéiert ginn. Dëse Cours wäert dozou bäidroen, d'Zesummeliewen, d'Toleranz ee vis-à-vis vun deem aneren, den Ëmgang ënnertenee generell ze verbesseren, well en zum Verständnis vun alle méigleche Weltanschauunge wäert bäidroen.

Zweet Fro: Kréien d'Leit elo de Choix ewechgeholl?

Une voix.- Jo!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Neen! Absolutt net, well dat Argument baséiert op engem ganz falsche Räsonnement! Dat Argument blennt näämlech aus, dass de Choix just besteet a bestoe géif bleiwe fir déi Leit mat chrëschtlechem Glawen. Aner Reliounen awer missten an de Morallscours goen, well am Moment déi aner Reliounen net an der Schoul ugebuede ginn. Mat deem neie Cours ginn awer elo alleguer d'Reliounen thematiséiert - an net enseignéiert, mä thematiséiert -, hir Geschicht, hir Wäerter an esou weider, an dat an engem wëssenschaftlechen an historesche Kader.

De Glawe ka weider ausserhalb vun der Schoul enseignéiert ginn. An ech soen dat och nach eng Kéier, wat den Här Lamberty gesot huet: Dëse Cours, deen ass net areliéis an och net antireliéis. Och haut schonn ass dee supposéierte Choix, vun deem ëmmer hei geschwat gëtt, net ideal. Well, wann ee Relioun wielt, da kann een de Morallscours net huelen, ee Cours, deen haut awer scho wichteg Theme wéi d'Mënscherechter an d'Zesummeliewen tëschent de verschiddene Kulturen opgräift. An eng ganz Partie vu Kanner kënnen dee Cours do net matmaachen, well se sech fir en aneren entscheet hunn.

De Choix, esou wéi en haut ass, bréngt eng Trennung tëschent de Kanner, net eng Trennung iwwert de Choix vun der Mathé oder vun der Sprooch, wéi den Här Zeimet dat probéiert huet ze weisen, mä eng um Niveau vum Glawen. Dee Choix féiert zu onnéidege Spannungen an déi Zort Choix reflektéiert haut net méi d'Diversitéit vun eiser Gesellschaft.

Déi international Konventioune gesi per se kee Recht vir, an der Schoul Reliounscoursen ze

kréien, mä schwätze vun „Reliounsfräiheet". Nach eng Kéier: Doduerch, dass d'Relioun aus der Schoul hei erausgeholl gëtt, gëtt se net ofgeschaaft a ka weider fräi gelieft ginn.

De Marc Spautz huet an enger leschter Interpellatioun argumentéiert, mir géife mat dëser Reform géint international Texter verstoussen. Mä dat stëmmt jo awer absolutt net! Mir passen eis just der Gesellschaft hei un, an dat schéngt der CSV zimlech schwéierzefalen.

(Interruption)

Drëtt Fro: Muss dann elo Personal entlooss ginn?

D'Regierung léisst hei keen am Ree stoen an erlaabt alle Reliounsenseignanten am Secondaire, weider an der Schoul ze schaffen. Eenzege klenge Bémol sinn déi, déi keng Première hunn, well dat am Secondaire Flicht ass, déi entweder da mussen eng Formatioun nohuelen oder awer aner Tâchen am Enseignement da kréien. An déi aner, déi mussen eng Formatioun vu 16 Stonne maachen a kënnen dann deen neie Cours enseignéieren. Déi Formatioune sinn iwwregens ganz gefrot. An der Éducatiounskommissioun vum 8. Juni huet de Minister eis gesot, dass schonn iwwer 310 Interesséierter sech beim IFEN gemellt hunn, fir déi Coursen do ze maachen.

Véiert Fro: Gëtt dann elo am neie Cours guer net iwwer Relioune geschwat?

Am Plan-cadre gëtt insistéiert, dass d'Schüler sollen Instrumenter kréien, fir selbststänneg ze denken an eng tolerant Approche ze léieren. Jo, et ginn eng Rei vu Froen, déi ee sech nach stelle kann, notamment iwwert d'Bicher an iwwert d'Programmkommissioun. Dat soll een och am A behalen an duerfir muss een, wéi ausgemaach, no e puer Joer e Bilan zéien a kucken, wéi dee Cours sech an der Praxis entwéckelt.

Deenen, déi mengen, et wär een awer net wäit genuch gaangen an dësem Cours - an ech schwätzen do haaptsächlech déi atheistesch Hardliner un -, muss een entgéinthalen, dass een d'Relioun, de Fait religieux net einfach ignoréiere kann. Et ass en Deel vun eiser Gesellschaft, an an Zäiten, wou et villschichteg Problemer ginn, wéi d'Flüchtlingsproblematik a Populismus, ass et ëmsou méi wichteg, dass een och deen Aspekt do weider kuckt an der Schoul.

D'Approche ass also eng multiréférentiel. Och wa mir léiwer eng praktesch philosophesch Approche gehat hätten, kënne mer awer heimadder liewen. Dat Thema, wat ebe grad behandelt gëtt an deem Cours, gëtt vun alle Säite beliicht, a wann et opportun ass, och vun der reliéiser Approche aus. An de Schüler ka sech hei seng eege Meenung bilden.

Dat ass och e bëssen nei. An dat hunn der vläicht och vill net gär. Mä mir fannen dat ganz richteg.

(Interruption)

Et schéngt och, wéi wann dat geféierlech wär, soss wär net esou vill Oppositioun dergéint.

Mir sinn der Meenung, dass et an dësen Zäiten net ugepasst wär, dee reliéisen Aspekt radikal auszeklameren. Jo, ech hu Leit héieren, déi mer gesot hunn, dass mat dësem Cours net geséchert wär, dass hiert Kand net méi mat Relioun an der Schoul géif a Kontakt kommen. Dat wär och net richteg, well niewent enger ganzer Rei vu gesellschaftleche Phenomeener, déi ech virdrun ugeschwat hunn, stellt ee sech awer och d'Fro, wéi een da soll iwwer klassesch Architektur, iwwer klassesch Musek, iwwer Konscht, iwwer Literatur schwätzen, wann een d'Relioun ganz géif écartéieren.

Dofir ass et wichteg, dass een dësen Aspekt a senger schoulescher Carrière och matkritt, an dozou gehéieren dann och déi néideg Erklärungen. Wichteg ass, dass dee Cours glawensneutral verleeft, also keng Positioun bezitt, wéi eng Weltanschauung déi richteg ass, mä déi grouss Weltanschauungen objektiv beschreift.

Wichteg ass och, dass den „Überwältigungsverbot" hei festgehale gouf. Dat heescht, den Enseignant däerf seng Meenung net imposéieren.

De Cours kritt och de Coefficient 2, zielt also fir d'Kompenséieren. Deemno ass et net einfach e Cours, wou de Schüler just higeet, fir sech d'Zäit ze verdreiwen.

Dëse Cours ass e Kompromiss tëschent zwou Weltanschauungen, déi sech méi wéi eemol diametral opposéiert géigeniwwerstinn. Keng vun dësen zwou Säiten huet sech duerchgesat kritt, fir d'Rudder ganz op hir Säit ze zéien. An dat wär och net gutt gewiescht. An dat fanne mer och gutt, dass et elo zu engem Kompromiss hei komm ass. Dëse Cours ass gutt konzipéiert a kritt dofir och d'Zoustëmmung vun der Sozialistescher Partei.

Erlaabt mer awer nach, eng Remarque ze maachen. Am Virfeld vun dësen Diskussiounen ass vill vu Wäerterverloscht geschwat ginn: „Mir hu keng Wäerter méi, wa mer d'Relioun aus der Schoul huelen. Mer hu keng Moral méi, eis Gesellschaft geet zugronn. Eis moralesch Wäerter ginn d'Baach of."

D'Bibel ass jo d'Referenz, d'Bibel, dat Neit an dat Aalt Testament zesummegeluecht sinn d'Bibel, dat ass jo d'Referenz vun deem Cours, fir d'Eischt vun der kathoulescher Kierch an och vun deem Cours, deen enseignéiert gouf. Un där Bibel gouf laang geschriwwen, 1.500 Joer, hunn ech emol nogesicht. An ee Buch dovunner ass d'Buch vum Jesaja. D'Jesaja-Buch hunn déi Leit, déi méi oft an der Mass waren, an der Kierch waren… Ech war och zwielef Joer laang do, déi véier éischt Joer war ech net, also du sinn ech matgeholl ginn, déi véier nächst Joer hunn ech mech fir d'Musek interesséiert an déi nächst véier Joer war ech frou, dass ech zwielef Joer krut, well do hunn ech net méi misse goen.

An aus dem Buch Jesaja, do ass dat méi oft emol gesot ginn an der Kierch, ass oft zitéiert ginn. An ech wéilt och aus dem Buch Jesaja hei zitéieren, d'Kapitel 13: „Ich selbst habe meine heiligen Krieger aufgeboten, ich habe sie alle zusammengerufen, meine hochgemuten, jauchzenden Helden, damit sie meinen Zorn vollstrecken. (…) Man sticht jeden nieder, dem man begegnet; wen man zu fassen bekommt, der fällt unter dem Schwert. Vor ihren Augen werden ihre Kinder zerschmettert, ihre Häuser geplündert, ihre Frauen geschändet." Jorelaang war dat heiten een Deel vun de Moralvirstellungen, déi an der kathoulescher Kierch enseignéiert goufen.

(Protestations et brouhaha général)

Ech wëll lech just soen, datt dat doten een Deel vun der Bibel ass.

(Interruptions)

An d'Bibel, d'Bibel ass d'Grondlag, d'Referenz vun allem deem, wat an der Kierch geschitt.

Une voix.- Et ass net wouer, et ass falsch.

Une autre voix.- Mir kënnen och iwwer...

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Dat do steet net am „Herr der Ringe" an och net an engem Horrorbuch vum Stephen King, mä et steet...

(Interruptions)

M. Serge Wilmes *(CSV)*.- Dat ass egal wat, Här Engel!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Et steet am Alen Testament!

Une voix.- Natierlech!

(Interruptions)

M. Georges Engel *(LSAP)*.- An duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech frou, dass mer hei an e wäertneutralen...

(Interruption)

Ech?

Une voix.- Jo.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Ah sou?

(Interruption)

Am Alen Testament, jo. An dofir sinn ech frou, dass mer hei e Cours kréien, deen op Mënscherechter baséiert, op allgemeng gëltege Mënscherechter, déi mer alleguerte solle verteidegen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Bravo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Zeimet wollt eng Kloerstellung maachen.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Ech wollt just..., neen, keng Kloerstellung, bon, ech kann och nach eng Kloerstellung maachen, mä ech widderhuele mech awer net nach eng Kéier. Ech hat jo meng Ried gehalen a meng Argumenter bruecht. Ech denken, et kënnt elo nach eng Kéier. An och wann een...

(Interruptions)

Dir hätt jo och deen éischte Saz da vun eisem Programmpunkt nach kënnen zitéieren. Dee wollt ech lech awer elo net zwénge virzeliesen, well ech denken, e war net an Är Ried geschriwwe ginn.

Dofir, Här Engel, wollt ech lech awer froen, Dir hutt elo aus dem Buch Jesaja zitéiert, an dat als Referenz vun der kathoulescher Kierch, fir se dann hei schlecht ze maachen - nodeems Der gesot hutt, et sollt een d'Reliounen net schlecht maachen, hutt Der genau dat gemaach -, do...

(Interruptions)

…wollt ech just och froen, ob Der lech awer och bewosst sidd, datt dat am Alen Testament steet, wat och d'Referenz vun der jiddescher Communautéit ass an iwwregens och vun allen evangeeleschen a protestantesche Kierchen.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Jo, richteg. Ech hätt lech och kënnen de Martin Luther zitéieren.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Ech kann lech och ganz vill zitéieren, Här Engel, aus aneren Ideologien, mä ech mengen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, wann Der lech wëllt zitéieren, kënnt Der dat...

Une voix.- Am Café!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ... kënnt Der dat am Vorzimmer maachen. An d'Wuert huet elo direkt den Här Claude Adam fir déi gréng.

Une voix.- An dat seet en Engel.

Une autre voix.- An esou eppes heescht Engel!

(Hilarité et brouhaha général)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dann och fir unzefänken e puer Saachen opgräifen, déi den honorabelen Här Zeimet gesot huet. Ech probéieren, dat net polemesch ze maachen. Dat ass eigentlech net mäi Stil.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Den Här Zeimet huet gesot,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wat vill Échoen.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- ...d'Eltere sollten décidéieren, ob hir Kanner sollen eng reliéis oder net reliéis Erzéiung kréien. Do si mir absolutt domat averstanen, datt dat den Elteren hir Décisioun ass. A mir wéissten och net, firwat datt mer d'Eltere sollte vun deem Choix ofhalen. Mir si just der Meenung, datt dat net onbedéngt eppes mat der ëffentlecher Schoul ze dinn huet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Dir hutt gesot, datt Ëmfroe géife soen, de Reliounsunterrecht sollt bleiwen. Dir hutt gesot, et wieren Ënnerschrëfte gesammelt ginn. Ech soen als Politiker, datt ech selbstverständlech Ëmfroen zur Kenntnis huelen, datt ech meng Décisiounen awer net op Ëmfroe baséieren, mä op meng Argumentatioun, an datt mer mat dër Ënnerschrëftesammlung dat gemaach hunn, wat mer mat enger Ënnerschrëftesammlung maachen: Mir haten dozou hei an der Chamber en ëffentlechen Débat, wou mer dat diskutéiert hunn. Dat soll och net en Argument sinn, fir politesch Décisiounen ze huelen.

Dir hutt gesot, e Schoulsträit vu virun honnert Joer wier muttwëlleg erëm opliewe gelooss ginn. Dat gesinn ech e bëssen anescht. Mir hunn hei en Accord och mat der kathoulescher Kierch. Dat war virun honnert Joer anescht. Ech kommen och nach eng Kéier kuerz drop zréck.

An dann, schlussendlech, weess ech net, ob hei scho jee eng Kéier e Saz esou vill zitéiert ginn ass wéi deen aus dem CSV-Wahlprogramm. Dir hutt gesot, an et steet jo dann och esou am Wahlprogramm - ech sinn et net extra noliese gaangen, mä et ass awer elo esou oft gesot ginn -, am Fondamental wiert Der fir de Reliounsunterrecht oder fir de Choix an am Secondaire hätt Der et net wëllen. An Dir hutt aus dem A d'Konditioun gemaach, fir datt Der mam B averstane sidd.

Gutt! Dat huet den Här Engel als spëtzfëndeg empfonnt. Ech empfannen dat och e bëssen. Also, ech verstinn, datt Dir et esou liest, mir hunn dat eventuell net esou gelies. Mä...

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Neen, datt dat eent eng Konditioun wier fir dat anert, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat steet net esou dran.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Datt dat eent eng Konditioun fir… Ech hunn dat... Also Merci, mä esou vill verstinn ech dann och dervun, datt dat eent Fondamental ass an dat anert Secondaire. Mä datt dat eent eng Konditioun wier fir dat anert, hunn ech net... Gutt, mä dat ass awer net..., ech fille mech och wierklech net responsabel fir Äre Wahlprogramm, wierklech guer net.

Ech ginn awer - an et ass och duerfir, wou ech et soen - op eng Ausso an. An ech mengen, do si mir awer fundamental dann anerer Meenung. Den Här Zeimet huet gesot, Dir wiert fir de Reliounsunterrecht am Fondamental, well Der fir eng encadréiert Glawensvermëttlung wiert.

Mir sinn net fir eng encadréiert Glawensvermëttlung an der ëffentlecher Schoul, well mir mengen, datt dat den Elteren hir Aufgab ass an net der ëffentlecher Schoul hir. Do gesinn ech wierklech en Ënnerscheed an der Approche.

Dir hutt gesot, d'Schüler däerften net an de Konflikt tëschent der Schoul an hiren Eltere kommen. An do ginn ech lech recht. Dat ass och haut eng Problematik. An ech wëll och elo net hei ufänken, iwwer Burkini a Schleier ze diskutéieren, well dat jo ëmmer erëmkënnt.

Ech gehéieren nach zu deene Schoulmeeschteren, déi nach samschdes moies Schoul gehalen hunn. Mir haten do aner Problemer mat anere Reliounsgemeinschaften. Déi hu gesot: „Samschdes ass eisen hellegen Dag, mir gi samschdes net an d'Schoul." Woubäi och Leit vun därselwechter Reliounsgemeinschaft gesot hunn: „Dat ass zwar eisen hellegen Dag, mä mir ginn awer an d'Schoul." Dat waren och schonn zu menger Zäit Sujeten, wou ech wierklech mengen, datt et dee Konflikt gëtt, an et huet kee Wäert, fir en ze verneinen.

Ee Punkt, deen ech wierklech ganz interessant fannen: Dir hutt gesot, aacht Glawensgemeinschaften hätte sech ugebueden, e gemeinsame Reliounsunterrecht auszeschaffen. Dat ass eng interessant Approche. An et kéint ee wierklech déi aacht Glawensgemeinschaften och nëmmen ënnerstëtzen, fir dee Projet weiderzefëieren an emol eng Kéier ze kucken, wat dann do dobäi erauskënnt. Ech hu wierklech grouss Zweifel, datt déi Iddi, déi e bëssen aus der Nout gebuer ass, och effektiv géif Bestand kréien.

Dir hutt gesot: „Et gëtt kee Fridden ouni Dialog tëschent de Reliounen." Jo, dat gesinn ech genau d'selwecht. An Dir hutt och gesot, Reliounsunterrecht an der Schoul wier besser wéi Reliounsunterrecht an der Garage. Dat ass net ganz falsch, well Reliounsunterrecht an der Garage ass nu wierklech eng ganz schlecht Alternativ. Et ass awer och net ganz richteg, well Reliounsunterrecht an der Schoul ass net onbedéngt d'Äntwert fir déi Leit, déi wëlle Reliounsunterrecht an der Garage organiséieren. Déi kritt Der domadder an eisen Aen net ausgeschalt.

Den Här Lamberty huet gesot: „Mir kreéieren hei kee Fach géint eppes, mä e Fach fir eppes." Dat gesi mir och esou. Den Här Zeimet huet gesot: „De Glawe gëtt och haut nach oft mëssbraucht." Jo. Den Här Zeimet huet och gesot: „Gleeweg an Netgleeweg versti sech net." Wann dat esou ass - fir mech perséinlech ass dat net esou -, mä wann dat esou ass, dann ass dat jo awer wierklech dee Grond, fir ee gemeinsame Wäerteunterrecht ze schafen, wou Gleeweg an Netgleeweg zesummekommen an dann och solle léieren, sech ze verdroen.

Souwäit, fir mech e bësselche waarm ze maache fir de Sujet. Mir stëmme jo dann haut e Gesetz, datt mer mat der Rentrée 2016-2017 en neit Schoulfach an eise Secondairesschoulen aféieren, an dat Fach heescht „Liewen a Gesellschaft" an ersetzt déi zwee Coursen „Instruction religieuse et morale" an „Éducation morale et sociale".

Op de groussen Ëmrëss vun dësem Cours ginn ech elo net méi an, well dat scho vu menge Virriedner hei gemaach ginn ass, ënner anerem och vum honorabele Rapporteur, deem ech dann och Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen allerdéngs, datt, wa mer wëlle verstoen, wou mer an Zukunft hiwëllen, dann ass et och wichteg, eng Kéier zréckzekucken.

Jo, et gëtt eng Aschränkung mat deem Gesetz hei vun de Moyenen, vun de Rechter vun der kathoulescher Kierch. Dat kann een net anescht nennen. Lëtzebuerg huet eng ganz laang kathoulesch Traditioun, och wat eist Schoulwiesen ugeet.

Ech ginn net zréck bis an d'Mëttelalter, wou mer d'Benediktinerklouschter hate vun lechternach an Almënster. Dat waren déi eenzeg Bildungsstätten, déi mer haten. Mä ech ginn awer relativ wäit zréck. Dat éischt Schoulgesetz vun 1843, dat hat schonn der kathoulescher Kierch ganz wäit Kontrollméiglechkeeten an der ëffentlecher Schoul ageriicht. Do konnt de Schoulmeeschter jo verflicht ginn, de Reliounsunterrecht selwer ze halen.

An, wat nach méi wichteg war, dat war, datt all Schoulmeeschter eng Zensur vun „guter Führung", de berüümt-berüchtegen Certificat de moralité, vum Paschtouer aus der Gemeng gebraucht huet, wann en do wollt Schoulmeeschter spillen. Wéi gesot ass dat 1843 agefouert ginn, an och mam Gesetz Kirpach vun 1881 ass dee Certificat de moralité nach net ofgeschaaft ginn. De Paschtouer hat och do zwar net méi d'Recht, zu all Moment Kontroll an der Schoul ze maachen, mä dee Certificat huet en nach missen ausstellen.

Mam Schoulgesetz vun 1912 war et dunn anescht. Do ass dann dat, wat den Här Zeimet genannt huet, virun honnert Joer, dee soi-disant „Glawenskrich" tëschent enger laizistescher oder enger ëffentlecher Schoul an der ka-

thoulescher Kierch ausgebrach. Dat ass dohier komm, datt wierklech och op der Basis vum Léierpersonal et de Leit duergaangen ass, datt se ëmmer erëm vum Klerus gesot kritt hunn, wéi si ze schaffen hätten. Si hu sech zesammefonnt, a well d'Wahle vum Juni 1911 de sozialistesche Block gestäerkt hunn, ass dat neit Schoulgesetz de 25. Juni 1912 mat grousser Majoritéit an der Chamber votéiert ginn. Do muss een och soen: Déizäit hate mer nach Zensuswahlrecht! Wie weess, wéi do d'Zesummesetzung soss gewiescht wier!

Op alle Fall, zënter 1912 war dann en neit Schoulgesetz, an do war och d'Relioun net aus der Schoul eraus, absolutt net! Si war just an aner Bunne gelenkt ginn. Et war nach Reliounsunterrecht ginn, a bis 1968 hat d'kathoulesch Relioun eng Monopolstellung, wat de Moral- a Reliounsunterrecht betraff huet. Eréischt 1968 ass am Secondaire e Moralcours agefouert ginn.

(Interruption)

An et ass och 1968 déi sougenannten „drëtt Méiglechkeet" geschaaft ginn, an zwar eng Dispens unzefroen, souwuel vun deem Reliounscours wéi vum Moralcours. A wann d'Beléiftheet vun enger Méiglechkeet en entscheedend Argument gewiescht wier, fir eng Décisioun ze huelen, dann hätte mer haut net méi zwee Coursen, Moral a Relioun, mä dann hätte mer déi drëtt Méiglechkeet, well déi wier bei de Schüler plébicitéiert ginn. Et waren ëmmer méi Schüler, déi wollten zwou Stonne fräi an net ee Cours oder een anere Cours.

Une voix.- Et ass net ze gleewen!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Dës drëtt Méiglechkeet ass allerdéngs vun der Regierung deemools 2002 ofgeschaaft ginn. Mir hunn haut eng Situatioun an der ëffentlecher Schoul, datt mer zwee Angeboter hunn. Dat eent adresséiert sech zumindest prinzipiell un déi Kanner a Jonker, déi eng kathoulesch Reliouns-erzéiung wëllen. An dat anert adresséiert sech un all déi, déi enger anerer Relioun nostinn oder kenger Relioun nostinn.

D'kathoulesch Relioun ass déi mat bäi Wäitem där längster Traditioun hei am Land an och déi, déi bäi Wäitem déi meeschten Unhänger huet. D'kathoulesch Kierch zielt 90% vun der Populatioun zu hiren Unhänger. Bon, eng CEPS/Instead-Etüd vun 2011 relativéiert dat e bëssen. Déi seet: 69% vun deene Leit, déi si befrot hätten, géife sech zu där Relioun zougehéireg fillen. Déi aner Relioune leien ënner 2%, an dobäi sinn dann déi gréisst Reliounsgemeinschaft no där kathoulescher d'Moslemen.

Eigentlech hu mer alleguer festgestallt - et war zwar och een „Très bien!" vun enger Säit komm, wéi mer gesot hunn, d'kathoulesch Relioun hätt d'Monopolstellung gehat, et war nach een „Très bien!" do, soss, mengen ech, wiere mer eis alleguerten eens -, datt mer net kënnen an Zukunft weiderfueren, datt eng Reliounsgemeinschaft eng Monopolstellung huet fir Reliounsunterrecht.

An esou hat dann dës Regierung d'Méiglechkeet: Mir loosse praktesch all Relioun an d'ëffentlech Schoul eran, zumindest déi konventionéiert, oder awer mir soen, datt d'ëffentlech Schoul net déi richteg Plaz ass fir konfessionellen Unterrecht.

Dës Regierung huet dësen zweete Wee gewielt. Dat ass och eng laangjäreg Fuerderung vun déi gréng, a mir sinn nach wie vor der Meenung, datt dëst eng richteg Décisioun ass. Et huet eis ëmmer gestéiert, datt zum Beispill am Primaire dat ganzt Schoulpersonal ënnert der Opsiicht vum Schoulinspekter stoung, mat Ausnam vum Reliounspersonal. D'Reliounspersonal war engersäits Member vun der Équipe pédagogique, an anerersäits hate se en anere Chef hiérarchique, si haten de Reliounsinspekter als Chef. An och, wa mer haut dat gemeinsamt Fach just am Secondaire aféiere fir d'Rentrée 2016-2017 mat deem Gesetz, wat mer haut votéieren, da preparéiere mer awer, an dat huet d'CSV richteg bemierkt,...

(Interruption)

...preparéiere mer och de Wee, fir déiselwecht Démarche am Fondamental ze maachen.

Mir proposéieren an Zukunft ee gemeinsamt Fach, wou et ëm Wäerter a Philosophie geet fir all Kanner. Dëst Fach funktionéiert wéi all déi aner Fächer an eiser Schoul. An dat ass och gutt esou. Dat neit Fach fënnt natierlech net iwwerall déiselwecht wënschenswäert Ënnerstëtzung. Deenen engen ass nach ze vill Relioun dran, deenen aneren net genuch. Déi eng gesinn de Fait religieux net breet genuch vertrueden, déi aner mengen, si hätte léiwer, wann hir Kanner weider kéinten an de Moralcours goen. Dobäi ass et awer eng Tatsaach, datt déi zwee Coursen, déi mer haut zesammeleën an duerch een eenzegen neie Cours ersetzen, sech am Laf vun der Zäit zimlech no uneneen erugetaascht haten, souwuel wat d'Contenuen ugeet, wéi och wat d'pädagogesch Approche ugeet.

D'Aarbechte fir deen neie Cours hate schonn 2014 ugefaangen. Den Exposé des motifs mécht eng relativ prezis Opzielung vun de verschiddenen Aarbechtsgruppen, de verschiddenen Échangë mat den Interessevertrieder vun der Kierch, vu Reliounsenseignanten, de Gewerkschaften, den Humanisten, Agnostiker, Fräidenker, an den honorabele Rapporteur hat dat och nach hei a sengem mëndleche Rapport ernimmt.

Och wann dat heiansdo wéi en Dialogue de sourds geklongen huet, da kann ee jo awer wierklech net soen, datt keen Dialog gefouert ginn ass. Den 23. Mäerz 2015 ass e Kaderdokument fir den neie Cours publizéiert ginn, an dëst Dokument huet dem Aarbechtsgrupp als Referenz gedéngt, fir dee Programm vum neie Fach auszeschaffen.

De Conseil des Cultes conventionnés huet dat Dokument kritiséiert. D'AHA huet och dat Dokument kritiséiert. Et war souguer ee Punkt, wou se sech eens waren. Den AHA schreift: «Le programme directeur frôle ainsi la discrimination des personnes non religieuses.» An de Conseil des Cultes conventionnés seet, de Programm «néglige par ailleurs aussi les convictions athées et agnostiques.» Also versteet een dann och, datt op där Säit d'Leit net zefridde si mat dem Programm.

Op där anerer Säit seet natierlech och de Conseil des Cultes, de Fait religieux wier net genuch dra vertrueden. Gutt! Et ass wahrscheinlech och eng Saach vun der Onméiglechkeet, déi zwee Borden zu honnert Prozent zefriddenzestellen.

Mir sinn als gréng Fraktioun op alle Fall der Meenung, datt een deem Fach soll déi Chance ginn, déi et verdéngt, datt et e Fach ass, wat eis Schüler an eis Enseignantë soll zesammeféieren. Et ass e Fach, wat op vill Interesse stéisst bei den Enseignanten, dat huet de Georges Engel och scho gesot, mat deene ville Leit, déi sech fir eng Weiderbildung interesséieren an och ageschriwwen hunn.

Mir sinn och der Meenung, quitte datt dat elo fir dëse Projet de loi nach net déi grouss Roll ass, well déi Enseignantë jo alleguerte schonn haut beim Stat Professer sinn an och do bleiwen, mä wa mer dann un d'Gesetz kommen iwwert den Enseignement fondamental, do sinn eng ganz Rei Leit, déi dann hire Plan de vie mat hirer Carrière, wéi se geplangt hunn, op d'Kopp gehäit kritt hunn duerch eng politesch Décisioun.

Ech sinn der Meenung, datt de Ministère de l'Éducation nationale do ganz vill Efforte gemaach huet an datt en do wierklech als neie Patron - et ass jo net deen alen - eng ganz konstruktiv a fair Haltung ageholl huet. Mä dat gesi mer dann an engem nächsten Débat.

Ech brëngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Exzellent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. An och Merci fir den Här Delles fir eng kuerz Presentatioun vun engem wichtege Gesetz. Ech hu mech gefreet an dëser Debatt, datt ech gemierkt hunn, datt d'CSV e grousse Schrëtt op d'ADR haut zougaangen ass.

(Brouhaha général)

Mir haten an eisem Wahlprogramm e kloert Bekenntnis fir de Reliounsunterrecht an der Primärschoul an am Lycée.

Une voix.- Dat schwätzt fir sech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- A mir hu festgestallt, datt d'CSV haut e wichtege Schrëtt gemaach huet. Mir sinn op jidde Fall haut konfrontéiert mat engem Gesetz, wat de Reliounsunterrecht ofschaaft a wou eigentlech als Feigenblat zur Tarnung gesot gëtt: „De Moralelaïque-Unterrecht gëtt jo och ofgeschaaft a mir schafen eppes ganz Neies." Ech mengen, och déi Discoursen, déi bis elo hei gehale gi sinn, weisen, datt eigentlech op déi Logik keen erafält. Et geet hei ëm d'Ofschafung vum Reliounsunterrecht. Et geet ëm eng weider gesellschaftspolitesch Reform vun dëser Regierung.

A mir wäerten op jidde Fall eis net verschléissen, wat Reformen ugeet, als ADR. Dat maache mer ni. Och beim Reliounsunterrecht hätte mer duerchaus Iddie gehat, wéi een dat hätt kënne schoulorganisatoresch anescht maachen. Et gouf vill Klassen, déi kee Reliounsunterrecht haten, zum Beispill. Et gouf net genuch Enseignanten heiansdo, fir dee Reliounsunterrecht ze halen. Dat heescht, et wär schonn eng Méiglechkeet gewiescht, eng Reform vum Reliounsunterrecht, vläicht och vun der Morall ze maachen, awer eng Ofschafung dovunner wär fir eis op jidde Fall ni a Fro komm.

De Reliounsunterrecht an dat, wat elo proposéiert ass, dee gemeinsame Wäerteunterrecht, hu grondverschidden Usätz. Se hunn eng grondverschidde Methodik. An et kann een elo net higoen a soen, deen neie Wäerteunterrecht, deen eigentlech just eng ganz kuerz, eng iwwerflächlech, eng summaresch Beschreiwung vu Relioune gëtt, deen och nach probéiert, neutral ze sinn, vläicht souguer laizistesch, dat ass och net ausgeschloss, dee kéint elo higoen an e Reliounsunterrecht ersetzen.

Neen, de Reliounsunterrecht huet e ganz anert Zil. Wéi gesot, e stellt eng Sënnfro am Liewen, eng vun der moralescher Verantwortung vum Mënsch, eng vun deem, wat de Mënsch ass, op ganz aner Manéiere wéi deen heite Cours. An der Belsch gouf et och esou e Cours, deen elo ageféiert ginn ass virun enger gewëssener Zäit, wéi deen, deen hei haut diskutéiert gëtt, an do gouf zu Recht heiansdo gesot, e bëssen op eng persifléierend Manéier, mä et wär en „Cours de rien". An ech mengen, dee Risiko, datt mer hei och e Cours hunn, deen eigentlech näischt an der Déift behandelt, mat deem si mer och hei konfrontéiert.

D'Fro stellt sech, ob net hei soll erëm e bëssen d'Dekonstruktioun gemaach gi vun allem, wat d'Identitéit vum Mënsch eigentlech ausmécht, dat, wat em wichteg ass: d'Natioun - hate mer gesinn -, d'Famill, déi eegen Identitéit, an eben och elo de Glawen. Alles dat ass d'Zilscheif vun enger Regierung, déi sech eben esou Reformen als Haaptzil gesat huet.

Fir eis gehéiert d'Relioun an den ëffentleche Raum. Do ass guer keen Zweifel. Et ass esou, datt de Glawe wuel privat ass, d'Relioun net, si ass ëffentlech. An et däerf een net dohigoen an de Stat an enger totalitärer Approche an d'Konkurrenz setzen zur Relioun, fir eng Kompetitioun ëm den ëffentleche Raum ze féieren.

Dat ass e bëssen en Defizit vum Laizismus. E wëllt d'Relioun verdrängen, amplaz an enger toleranter Approche eng Plaz fir d'Relioun an d'Reliounsfräiheet als Mënscherecht ze garantéieren. Hei ass eng Verdrängungsideologie de Fall, en totalitäre Kär an enger Iddi, fir ze soen: „Mir als Stat, mir reklaméiere fir eis e Wäertemonopol a mir verdrängen dat Reliéist." Do ass och e politeschen Hannergedanken!

An der Relioun ass och en ethesche Kär, dee villen Zilsetzunge vun dëser Regierung am Fong widersprécht. An et geet eigentlech och drëm, wann een d'Relioun wëllt op d'Säit setzen, fir eng Form vun ethescher Oppositioun vläicht am wäite Sënn vu politescher Oppositioun ze schwächen, an Diskussiounen zum Beispill ëm de Wäert vum Liewen an der Gesellschaft, ëm d'Ofdreiwung, ëm d'Euthanasie, ëm d'homosexuellt Bestietnes. Wien d'Reliounen allgemeng bekämpft, dee bekämpft eng ethesch a politesch Oppositioun zu enger bestëmmter Politik.

Mir kënnen hei och iwwert de Wäert vun der reliéiser Bildung schwätzen, heiansdo, a mir hunn haut eng Karikatur vu Relioun héieren, en Zitat, fir d'Chrëschtentum hei als eppes duerzestellen, wat et net ass, an wat dat Neit Testament ausklamert. Natierlech gëtt et an all Relioun Passagen, déi ee kann zitéieren. Mä dann, wann een dat mécht, dann däerf een awer och net dat vergiessen, wat d'Wiese vum Chrëschtentum a vum Neien Testament ausmécht: dee Message vun der Léift zum Feind, deen, dee gekräizegt ass an nach seet: „Papp, vergëff hinnen, well si wëssen net, wat se maachen." Och dat ass eben en Deel vun där Relioun an eppes extrem Positives. A loosse mer net eppes hei duerstellen, wat esou net ka goen!

(Brouhaha général)

Mir hunn hei Argumenter fir de Reliounsunterrecht, déi kaum diskutéiert ginn. An déi Argumenter fir de Reliounsunterrecht, dat si Bildung, Fräiheet an Toleranz. Dat si Wäerter, déi eleng scho fir de Reliounsunterrecht schwätzen. Bildung, well eis ganz Gesellschaft, eis Geschicht, d'Wiese vun eiser jiddesch-chrëschtlecher Gesellschaft hei an dësem Deel vun der Welt, déi baséieren op der Relioun. Souguer den Humanismus, souguer d'Opklärung, souguer wa se sech géint d'Erscheinungsforme vun der Relioun gewannt hunn an hirer Philosophie, wären net denkbar gewiescht ouni e chrëschtlecht Mënschebild un der Basis vun deene Beweegungen.

A wien haut higeet an de Reliounsunterrecht eraushëlt, mat allem, wat en als Räichtum huet a Konscht, a Literatur, an esou ville Beräicher vun eiser Gesellschaft, dee reduzéiert herno eis Bevëlkerung op eng Form vu reliéisem Analphabetismus, dee sech op ganz vill Domänen an der Gesellschaft auswäit.

E Minicours iwwer Relioun kann dat net ausgläichen. Et ass e Stéck Fräiheet. Well wie seet, datt de Stat a senger Verdrängungsphilosophie, déi ech virdru beschriwwen hunn, e Recht huet, fir e Wäertemonopol fir sech selwer ze reklaméieren?!

An hei gesi mer dat, wat dës Regierung konsequent mécht: Vu klengem u sollen d'Kanner a staatlech Strukturen. Vu klengem u sollen d'Kanner no Virstellunge vum Stat indoktrinéiert ginn, erzu ginn, an eben d'Konkurrenz, dat Chrëschtlecht, dat Kierchlecht, dat Jiddescht, dat Muslimescht, wéi och ëmmer, soll ausgeschloss ginn aus engem Monopol, deen de Stat sech an enger Arroganz zoumiesst, déi him net zousteet.

déi gréng soen hei: „Majo, dann d'Elteren, natierlech hu se d'Recht, mir hale keen dovun of." Mä wat mer hei hunn, ass deen zentrale Punkt an der Argumentatioun, well mir verstousse mat dësem Gesetz..., dës Regierung proposéiert eis e Gesetz, wat positiv absolutt géint e Mënscherecht verstéisst, géint eent, wat mir als Lëtzebuerg ratifizéiert hunn! An dat ass de Protocole additionnel vun der Convention de sauvegarde des Droits de l'Homme et des Libertés fondamentales, duerch de Protokoll 11 amendéiert, an dee seet ausdrécklech, datt de Stat an de Funktiounen, déi en huet an den Domäne vun der Éducatioun a vum Enseignement - dat ass ganz kloer de Beräich vun der ëffentlecher Schoul -: «respectera le droit des parents d'assurer cette éducation et cet enseignement conformément à leurs convictions religieuses et philosophiques». Am Kader vun der ëffentlecher Schoul! Dat ass de Sënn vun engem Protokoll, deen eis bënnt.

Dogéint soen déi gréng an anerer, esou schéngt et och ze sinn, an hirer Stellungsnam: «La séparation des élèves en raison de la conviction religieuse ou philosophique de leurs parents pose un risque inutile de fomenter une ségrégation sociétale en la matière.» Den exakte Contraire vun engem Mënscherecht, zu deem mir eis als Lëtzebuerg verflicht hunn!

Dat ass déi Situatioun, déi Debatt, déi mer haut féieren! Op där enger Säit déi Parteien, déi soen: „Mir respektéieren d'Mënscherecht mat Fräiheet, d'Recht op d'Bildung, d'Recht op d'Wiel." Dat sinn eben haut d'ADR an eben och d'CSV. An dann déi aner, déi soen: „Neen, mir verstousse géint e Mënscherecht." An do kënne mir net d'accord sinn.

Et ass e Stéck Toleranz. D'Regierung schwätzt dauernd hei vu Multikulti, vun Diversitéit. Et mengt ee bal, et wär hir Ersatzrelioun. Wann et awer drop ukënnt, déi Diversitéit an de Schoulen och ze erméiglechen, da gëllt dat op eemol net méi! An dat ass dach och e Problem vu Kredibilitéit vun eiser Regierung.

Ass dann net d'Schoul och eng Plaz, wou ee kann Diversitéit an enger Gesellschaft erliewen? Mä ech wëll awer och soen: Dat Argument, datt ee muss zesammeféieren an net trennen, dat ass net falsch. Et ass eng Pertinenz am Räsonnement vun der Regierung, dat ginn ech gär zou. Mä si ass op där falscher Plaz!

Eng Gesellschaft wéi eis, déi op Integratioun baséiert, déi soll zesammeféieren, awer si soll dat net am Reliounsunterrecht maachen, wou e Mënscherecht seet, datt déi Iwwerzeegungen, déi e Mënsch huet, musse kënne fräi gelieft ginn a verschidde gelieft ginn. Mä et soll e Cours vun Instruction civique gemaach ginn, deen dat garantéiert. A villes vun deem, wat Dir eis haut an engem Cours „Vie et société" proposéiert, dat gehéiert net an den Ersatz fir e Reliounsunterrecht. Dat gehéiert an en ausgebaute Cours vun Instruction civique, dee soll enger Immigratiounsgesellschaft eng nei Basis fir en Zesummeliewen erméiglechen.

(Interruption)

An op dee Wee wäre mer matgaangen, awer net op deen, deen Dir eis haut hei proposéiert: de Wee vun der Intoleranz.

Wat mir wëllen als ADR - well ech hu leider, a wéi gesot, et ass e flotte Sujet, mä mir hunn nëmmen zéng Minutten, dofir wëll ech awer nach e puer Saache ganz kuerz soen:

An dat Éischt sinn d'Enseignanten. D'Enseignanten, déi hätte verdéngt, anescht a besser behandelt ze ginn. Mir erkennen all Effort un, deen dës Regierung mécht, fir se dignement ze behandelen. Mä et geet an eisen Aen net duer. An do fuerdere mer d'Regierung op, fir weider Efforten ze maachen, fir deene Leit eng adequat Zukunft ze ginn.

An dann eng weider Bemierkung, fir nach eng Kéier ze illustréieren, wéi intolerant verschidde Parteien hei argumentéieren. E Vertrieder vun der Demokratescher Partei huet an dëser Debatt gesot - an net haut an der Chamber, mä ech hunn d'Referenze fir déi Leit, déi et interes-

séiert -, seng Partei géif d'Usiicht vertrieden, datt d'Reliounsgemeinschafte weiderhi sollten d'Méiglechkeet hunn, baussent de Schoulzäiten en eegenen Unterrecht unzebidden.

Do geet also en héije Vertrieder vun enger politescher Partei hin a seet souguer, wat d'Leit ausserhalb vun de Schoulzäiten nach däerfen oder net däerfen.

Mir wëllen hei als ADR ganz kloer soen,...

(Protestations et brouhaha général)

Mir wëllen hei als ADR ganz kloer eppes soen: D'Reliounsfräiheet ass e Mënscherecht. De Reliounsunterrecht gehéiert an déi ëffentlech Schoul, net exklusiv, mä selbstverständlech soll et och e Morallunterrecht oder eng Alternativ gi fir Leit, déi net gleewen. Do ass iwwerhaapt keen Zweifel, keng Diskussioun! Mä e Reliounsunterrecht soll et och gi fir den Islam, fir d'Judden, wa se en an der ëffentlecher Schoul gär hätten, firwat net!?

Et ass iwwregens och eng Méiglechkeet fir de Stat, eng Kontroll auszeüben, iwwert d'Matbestëmmung vun de Programmer, iwwert d'Matbestëmmung vun de Qualifikatioune vun den Enseignanten an enger Situatioun, wou mer dach Efforte solle maachen.

Fir eng Radikaliséierung a verschiddene Segmenter vun der Jugend ze évitéieren, wéi mer se zu Esch oder op anere Plaze kannt hunn, wär den ëffentleche Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul e Bäitrag zu enger friddlecher Gesellschaft an engem friddleche Mateneen! D'Regierung ass kloer net capabel, dat ze assuréieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Nächste Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mir als Lénk, mir sinn erëm „weder nach", weder mat der Argumentatioun u sech averstane vun der Regierung, nach mat der Argumentatioun averstane vun der gréisster Oppositiounspartei an hirem klengeren Appendice.

(Hilarité)

Neen, ech halen op domadder.

(Hilarité)

Et leeft mir no.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ass dat, well Dir bei der Gambia sidd?

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Neen, ma Dir wäert grad...

(Hilarité)

Dir wäert jo gesinn, wann ech erklären, wéi mer ofstëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Loosst Iech net provozéieren!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Neen, dat ass ganz fein, wat hei ofleeft. Et ass scho gesot ginn, fréier nach, an ech hunn dat och nach esou erlieft, do hate mer dräi Méiglechkeeten: Reliounsunterrecht, wuer ech och eng Zäit gaange sinn, an duerno Morall, an duerno hat een och nach d'Méiglechkeet, an de Bistro ze goen. Dat hu mer „Dispens" genannt, offiziell. An dat hunn der och vill geholl.

Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass: Et soll een näischt iwwerbewäerten a sech och keng Illusioune maachen. Ob et de Reliounscours ass oder ob et de Morallscours ass, ech hu mer ëmmer wierklech d'Fro gestallt, inwiefern dat wierklech d'Jugend herno prääagt. Fir een, deen zum Beispill an der Primärschoul an de Reliounsunterrecht gaangen ass oder duerno am Lycée souguer an de Reliounsunterrecht gaangen ass, huet ee gemierkt, schlussendlech, datt et zu enger Sekulariséierung kënnt vun der Gesellschaft. An dat huet gewëssen Ursaachen, verschidden Ursaachen, mä ech mengen och, datt zum Beispill d'Katechete sech iren, wa se mengen, datt se kënnen derfir suergen, datt nach chrëschtlecht Gedankegutt an dëser Gesellschaft oprechterhale gëtt, andeems datt e Reliounsunterrecht ugebuede gëtt an der ëffentlecher Schoul.

Ech mengen, dat ass de falsche Wee. Ech mengen, et mécht ee sech och Illusiounen, wann een en aneren neie Cours aféiert, wéi deen och ëmmer heescht - e gëtt ëmmer „Wäerteunterrecht" genannt, esou gëtt en elo net méi genannt -, datt ee sech och do vläicht Illusioune mécht a mengt, datt dat och déi zukünfteg erwuesse Leit géif esou prägen. D'Mënsche ginn duerch ganz aner Facteure geprääagt. D'Schoul spillt eng kleng Roll dobäi, spillt eng Roll dobäi, mä dat däerf een och net iwwerbewäerten.

Déi Iddi vum eenheetleche Cours, déi ass och net nei. Et gouf scho souwisou eppes, wat ausgeschafft gouf nach ënnert dem Mady Delvaux. An ech mengen, dat geet souguer op d'Anne Brasseur zréck. An dat ass net zréckbehale ginn.

Wat elo geschitt, dat ass, mir hunn esou eng Aart Mischmasch, „Wäerteunterrecht" gëtt gesot. Dat ass a mengen Ae schonn en Onwuert, an an den Ae vun der Lénker en Onwuert. „Wäerter", de Romain Hilgert huet an engem Artikel schonn, et ass schonn e bësse méi laang hier, am „Lëtzebuerger Land" ganz treffend dee Projet e bësse beschriwwen. En huet dat esou ëmschriwwen, elo géif esou eng Aart Supermarché vun den Iddien oder vun de Wäerter geschafe ginn, déi all äquidistant sinn deen ee par rapport zum aneren.

Dat ass och eng Aart Ideologie vläicht, déi hei herrscht, fir ze mengen, datt Toleranz oder Opklärung doranner besteet, datt ee verschidde Wäerter oder grouss Stréimungen do hätt, déi iergendwou am Äther géife schwiewen, an datt ee sech dat kéint aus enger Äquidistanz esou erauspicken an dat esou zesummebastelen.

Mä esou funktionéiert dat net. Wäerter ginn et souwisou net per se, déi ginn et net, déi schwiewen net do. Dat ass vläicht eng Zäit esou geduecht ginn am Idealismus an esou weider, mä dat funktionéiert net esou. Wäerter existéieren, andeems se souwisou vum Mënsch entwéckelt ginn. Si entsprangen de materiellen an den historesche Realitéiten an deenen hire Kontradiktiounen. An da gi Wäerter geschafen, oder verschidde Wäerter mat all hiren Nuancen, Ideologien, Reliounen, philosophesche Stréimungen. Eng Relioun kann och eng politesch an eng philosophesch Stréimung sinn, an ëmgedréint. Also dat ass e bësse méi komplizéiert wéi dat.

An et gouf gesot, dat, wat mir elo hätten, dee Cours, dat wier esou eppes Multireferenzielles. A mengen Aen, an eisen Aen ass dat éischter eppes „Multiessentialistesches". Well et geet een einfach dovunner aus, datt et verschidden Essencë ginn, Stréimunge ginn, déi einfach esou wieren, an datt ee se kéint enseignéieren op eng neutral Aart a Weis. Ech zweifelen dorunner. Ech mengen, dat wäert och net funktionéieren, an ech mengen, do mécht ee sech d'Liewen eendeiteg, eendeiteg méi komplizéiert.

Et gi souwisou och nach aner Reliounen. Et gëtt och eng Relioun, dat ass d'Relioun vum fräie Maart. An déi dominéiert zurzäit! An dat ass net onbedéngt eng ganz positiv Relioun. Et brauch ee kee Gott, et kann een och aner Saachen ubieden. An ech hunn och den Androck, datt an der Schoul och déi dote Relioun weiderhi wäert vermëttelt ginn. An dat ass eppes, mat deem ech mech och net kann identifizéieren, wéi Dir Iech et virstellt.

Wat mir ëmmer virgeschloen hu souguer, a wat mir och souwisou bedaueren, dat ass, datt an deem ganze Prozess - an dat ass vun alle Säite bedauert ginn - och keng richteg ëffentlech Debatt stattfonnt huet doriwwer, well et ass awer eng wichteg Fro ëmmerhin, trotzdeem, an eng interessant Fro.

Mir haten zwar als Lénk eng Debatt am Mee 2015 organiséiert, wou mer och den Éducatiounsminister Claude Meisch agelueden haten, deen och esou gentil war, fir och dorun deelzehuelen. An dat war och ganz flott. Mä leider ware wéineg Debatten an der Ëffentlechkeet doriwwer.

Mir hunn eis Iwwerleeungen dozou och gemaach. Perséinlech sinn ech der Meenung, wann een e gudde Geschichtscours hätt oder e gudde Philoscours hätt, wat zurzäit leider net de Fall ass am Lycée, mä wann een dat hätt, da géif et duergoen. Mä et kann een och méi wäit goen a vu praktescher Philosophie schwätzen, dat, wat mir och virschloen, datt een esou eppes kéint opbauen.

Ech hunn elo keng Zäit, fir drop anzegoen; mä wann ech och zum Beispill vu Geschichtscours schwätzen: Et ass onméiglech - ouni reliéis ze sinn, ouni fir Indoktrinatioun ze sinn -, et ass onméiglech, laanscht reliéis Stréimungen ze kommen.

(Interruption)

Gellt! Mä do si mer eis eens, dat ass ganz kloer. Zum Beispill d'Chrëschtentum, wann een an d'Antiquitéit geet. Et kann een och Chrëschtentum esou analyséieren: Wouhier kënnt dat? Dat war eng reliéis Stréimung a Palästina. Et ass nach ëmmer eng. Si huet sech entwéckelt am Laf vun der Zäit. Si ass net aus dem Näischt erauskomm deemools. Dat hat mat der Okkupatioun ze dinn. Déi Géigend war schonn deemools okkupéiert. Et hat och mat Ënnerdréckung ze dinn innerhalb vun den Hebräer. An et hat och eng emanzipatoresch Wierkung, wat och den Erfolleg erkläert. Duerno ass et pervertéiert ginn op déi eng oder déi aner Aart a Weis. Dat gëllt fir ganz vill Reliounen, y compris och fir den Islam.

Dat heescht, et kann een och sech mat Reliounen auserneesetzen an engem politeschen, an engem ekonomesche Kontext, an engem soziale Kontext. Et ass onméiglech derlaanschtzekommen d'ailleurs, wann een dat wëllt seriö maachen.

An ech mengen, dat géif och vill méi Leit zefriddestellen, y compris Leit, déi gleeweg sinn. Ob een duerno der Meenung ass, datt de Jesus Christus de Fils vu Gott ass oder net, dat ass eng aner Fro. An ech mengen, dat ass eng intim Fro. D'ailleurs Relioun, ech mengen net, datt dat eng privat Fro ass, mä et ass éischter eng intim Fro. Ech mengen, do gëtt et..., mä doriwwer kéint een nach méi laang diskutéieren.

Wat mer elo hunn, dat ass, an dat gouf e puermol gesot, dat ass e Kompromëss. A mir menge grad, datt dat dee falsche Wee war, e Kompromëss souzesoen tëscht deenen, déi fir de Reliounscours sinn, a grosso modo Laizisten oder Atheisten. An dat gëtt zesummegematscht an dann hu mer esou eppes, wat, éischtens emol, keen zefriddestellt.

Den Här Minister huet gesot, dat wär eng gutt Léisung, wann et keen zefriddestellt. Ech weess net, ob dat eng Approche ass an der Politik. Ech mengen, et muss een awer versichen, fir jiddwereen zefriddenzestellen, esou vill wéi méiglech. Mä bon, dat niewebäi gesot.

Ech mengen, grad déi Approche an och déi Aart a Weis, wéi diskutéiert gouf, op eng total ontransparent Aart a Weis... Wat jo och schonn e schlecht Omen ass, wann ee grad der Jugend Demokratie, Diskussioun an esou weider wëllt bäibréngen an et geet ee mam schlechte Beispill vir, andeems een deen heite Cours souwisou och nach esou ausschafft! An dann huet een eben eppes Hybrides, wat jiddwerengem d'Liewe ganz komplizéiert wäert maachen tëschent engem Morallscours an engem Reliounscours. Et huet een esou eng Aart..., et ass weder Morall nach Relioun. Et ass „Morallioun" a Wierklechkeet, wat Der do geschafen hutt.

An ech mengen net, datt dat wierklech an déi Richtung geet. Mir fannen dat schued als Lénk, datt grad eng - allez! - sozialliberal Regierung grad op esou engem Niveau - mir maachen eis keng Illusioun op den ekonomesche Froen, do wësse mer, datt jiddweree sech eens ass, ausser mir -, mä op jidde Fall, op esou Froen hätt esou eng Regierung kënne wierklech…

(Interruption)

Merci, datt Der dat sot, ech si ganz averstanen. Mä ech mengen, datt do wierklech eng Geleeënheet verpasst gouf, och op deem Niveau e Fortschrëtt ze erreechen.

Keen ass zefridden, mir sinn dat och net. A wann een net zefridden ass, dann approuvéiert een e Gesetz net.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kuerz eng Reaktioun op - bon! - déi Ënnerstellungen, déi vu verschiddener Säit hei gemaach gi sinn, méi kloer eigentlech vum Vertrieder vun der ADR, dee versicht, hei déi Leit, déi fir dës Reform sinn, an den Eck vun deenen ze stellen, déi géint d'Mënscherechter wären, soudass déi Leit, déi fir de Status quo sinn, déi Eenzeg wären, déi fir d'Mënscherechter sinn.

Ech huelen un, dass mer hei alleguerte fir d'Mënscherechter sinn heibannen, soss wäre mer hei feel op der Plaz an dëser Chamber. Soss hätten d'Leit e schlechte Choix gemaach bei de leschte Wahlen, wéi se d'Deputéiert gestëmmt hunn.

Mir sinn alleguerten hei fir d'Mënscherechter, mä mir sinn als déi, déi dës Reform droen, dofir, dass mer d'Schoul erëm zesummeféieren. Hei geet et net ëm e Fach wéi iergenden anert. Dass mer no Glawensgemeinschaften, no philosophesche Aklasséierungen d'Schoulgemeinschaft opdeelen, dat ass net gutt. Dat ass net gutt! Dat hunn och vill Länner erkannt, déi dat hunn, deen dote System.

Dës Reform schreift sech net nëmmen an an d'historesch Entwécklung vun eiser Gesetzgebung iwwert de Wäerteunterrecht hei zu Lëtzebuerg, mä si schreift sech och an an eng international Entwécklung, déi sech breetgemaach huet, wou notamment an der Belsch, no deenen décke Schwieregkeeten, déi an der Belsch sinn, se souguer mierken, dass hire System vun der Andeelung vun der Schoulgemeinschaft no Reliounen zu engem Niewentenee vun den eenzelne Relioune gefouert huet an de Schoulen an zu engem Onversteesdemech vun enger Relioun par rapport zu där anerer a vun de Relioune par rapport zu deenen, déi keng Relioun hunn.

Dat solle mer vermeiden! Mir wëllen hei also net dividéieren. Mir wëlle just de Contraire. Mir wëllen erëm eppes zesummeféieren, wat eigentlech zesummegehéiert.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dës Reform ass zweetens och genau an der Linn vun deem Prinzip, fir dee mer hei, mengen ech, Eestëmmegkeet an dëser Chamber haten, wou mer gesot hunn: Mir striewen eigentlech un, anzeschreiwen an déi nei Verfassung, dass de Stat reliéis a weltanschaulech neutral ass, dass eng Trennung vu Kierchen a Stat ass. A genau dat ass jo och awer d'Ëmsetzung am Schoulberäich eigentlech vun deem dote Prinzip, dem Prinzip vun engem tolerante Laizismus, e Laizismus, deen net ausgrenzt, deen net probéiert, d'Reliounen ewechzedrécken aus der Gesellschaft - d'Relioune sinn e Bestanddeel vun der Gesellschaft -, mä dee se éischtens emol alleguerte gläichbehandelt.

An dat kann nëmmen de Fall sinn, wann all Relioun, déi unerkannt ass, och däerf a muss kënnen d'Méiglechkeet kréien, hire Reliounsunterrecht getrennt ze organiséieren an och onofhängeg ee vun deem aneren ze organiséieren - wou ee mierkt, dass aner Länner, déi dat hunn, vun deem dote System erëm wëllen esou schnell wéi méiglech ewechkommen a kucken, zumindest eng Stonn gemeinsam ze maachen tëschent deenen eenzelne Reliounsgemeinschaften. Et ass also déi dote Logik, déi mer hei och an där Reform hei ëmsetzen.

An ech wëll awer soen, dat ass och bei der CSV. Ech mengen, hire Wahlprogramm, ech wëll net drop agoen, dee war vläicht méi aus takteschen Iwwerleeungen esou formuléiert, wéi e formuléiert war, well et jo drëm gaangen ass, eventuell och e Koalitiounspartner ze fannen an och Gemeinsamkeeten, wat eng Reform ugeet, mat engem méigleche Koalitiounspartner scho kënnen unzedeiten an engem Wahlprogramm. Et ass drëm gaangen, fir den Närbuedem fir eng Géigekoalitioun géint CSV esou kleng wéi méiglech ze halen.

C'est de bonne guerre! C'est de bonne guerre! Mä och mat der CSV, wëll ech soen, hu mer grad mam Lycée och Pilotprojeten awer duerchgesat, wou grad deen heite Modell eigentlech schonn ausprobéiert ginn ass, e Modell, wou iwwer Weltanschauung, iwwer Relioune Wësse vermëttelt gëtt, mä wou keng Glawensvermëttlung gemaach gëtt. Genau dat, dee Pilotprojet, déi Iddi eigentlech, gëtt an deem heite Projet erëm eng Kéier ëmgesat. An et ass, mengen ech, gutt, dass mer et maachen.

An ech akzeptéieren, wéi gesot, net dem Här Kartheiser seng Schwaarz-Wäiss-Molerei, säi Schwaarz-Wäiss-Bild, wat e vun der Politik a vun dëser Gesellschaft hei moolt.

Iwwregens, Här Kartheiser, Dir sidd nach net esou laang dobäi: D'ADR, soulaang wéi ech d'ADR schonn hei däerf beobachten, ma déi hat emol eng Kéier eng aner Positioun an där doter Fro!

(Interruption)

Ech ka mech ganz gutt erënneren, dass d'ADR, éischtens, ëmmer fir d'Trennung vu Kierch a Stat war an, zweetens, och ëmmer Vertrieder heibannen hat - ëmmer Vertrieder heibannen hat! -, déi mat groussem Engagement sech fir d'Aféiere vun engem allgemenge Wäerteunterrecht agesat hunn.

Duerfir, wann ech gelift, jugéiert hei net ze schnell! Merci.

(Brouhaha général)

Une voix.- D'ADR ass méi radikal ginn.

Une autre voix.- Très bien!

Une troisième voix.- Voilà!

La première voix.- D'ADR ass méi radikal ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, ech hu mat grousser Begeeschterung dem Här Bodry nogelauschtert, well den Här Bodry huet, éischtens, confirméiert, wat mir gesot hunn. En huet dat gesot, wat mer virdrun och beschriwwen hunn als eng Verletzung vun enger internationaler Konventioun. A kengem Wuert a senger Interventioun konnt en dat relativéieren oder a Fro stellen, wat dës Regierung mécht, näämlech datt se en internationalen Engagement vu Lëtzebuerg net respektéiert.

(Brouhaha général)

Dat Zweet: En huet meng Partei ugeschwat. Meng Partei huet e Wahlprogramm gehat an hält sech absolutt un dee Wahlprogramm. Ech liesen lech et vir, Här Bodry. Dir sollt méi dacks an eisem Wahlprogramm liesen, et ass eng interessant Lektür.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hu vun enger fréierer Positioun geschwat, déi Der elo a Grond a Buedem veruerteelt hei!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Mir hunn en däitschen Text hei, ech hunn lech dee matbruecht, well ech hu geduecht, Här Bodry, well ech lech kennen, datt Der bestëmmt domadder kommt. „Die ADR in der Frage des Religionsunterrichts: Sie respektiert die Entscheidung der Eltern", dat ass konform zum Droit international, „und Schüler sowohl zugunsten des Religionsunterrichts als auch des Werteunterrichts und spricht sich daher für das gleichberechtigte Weiterbestehen beider Fächer an den Schulen aus."

Ech kann lech garantéieren, dat ass d'Positioun vun där ganzer Partei, et ass d'Positioun vun allen Deputéierten, déi vun deene leschte Wahlen un an dëser Chamber sinn. Dat ass eng éierlech a konsequent Haltung vun der ADR, zu där mir stinn an déi mer anhalen!

An näischt an deem, wat Dir gesot hutt, Här Bodry, och wann Der lech vill Méi gitt, kann eis iwwerzeegen, datt eng Regierung an eng Parteielandschaft wéi Är, déi ëmmer vu Multikulti schwätzt an elo den Eenheetsbräi probéiert an de Schoulen ze realiséieren, domadder iergendeppes mécht, wat ee kéint als eng sozial Avancée huelen!

Dir maacht just de Contraire vun Diversitéit, an dat, wat lech um Häerz läit, näämlech och den europäesche Slogan, wou et heescht „Verschiddenheet an Eenheet", och dat sidd Der amgaang ze violéieren. Dir sidd dauernd a Widersprëch mat lech selwer!

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

Une voix.- Buuh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, den Här Kartheiser gëtt elo den ieweschte Mënscherechtsriichter hei an Europa. Dat ass formidabel, muss ech soen. Dee Culot muss een hunn!

E soll mir eng Jurisprudenz nenne vum Europäesche Geriichtshaff, wou e Land condamnéiert ginn ass, dass et misst - misst! - misst! -, do, wou kee Reliounsunterrecht ass, all Relioun e Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul organiséieren. Esou eng Jurisprudenz gëtt et net. All déi Kloe sinn ofgewise ginn! Also behaapt hei net, wat net wouer ass!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Bodry.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir bleiwen um Buedem vun eisem Reglement. An eist Reglement seet a sengem Artikel 36 ganz kloer, dass kee vun de Riedner méi wéi zweemol zu dërselwechter Debatt agräift. Dofir ass et jo och gutt, dass jiddweree fein d'Wuert freet.

Dir hutt allen zwee zweemol d'Wuert kritt, domat droe mer eisem Reglement Rechnung. An d'Wuert huet elo den Här Erzéiungsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir seng Explikatiounen, souwuel am schréftleche wéi och am mëndleche Rapport, deenen anere fir d'Interventiounen och. Et war eng animéiert Debatt. Et ass e Sujet, dee schliisslech jo awer schonn zanter Jorzéngten, jo, iwwer e Jorhonnert d'Lëtzebuerger Diskussiounen an d'Lëtzebuerger Politik mat beschäftegt huet, an datt do emol eng Kéier kontrovers diskutéiert gëtt, dat ass eigentlech an enger Demokratie normal.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drun erënneren, et ass awer scho gesot ginn, mä ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, firwat mer déi Reform hei maachen. Et geet drëms, d'Kanner zesummenzeféieren, déi aus engem ënnerschiddlechen Horizont kommen. Et geet drëms, d'Kanner ze stäerken, fir deene Liewensaufgaben, déi virun hinne leien, kënne gerecht ze ginn. Et geet och drëms, de Kanner wierklech de Choix ze ginn, well ech ka mech nëmme fir eppes décidéieren a vun eppes iwwerzeege loossen, wann ech et kennen a wann ech och dat anert kennen. An et geet drëms, d'Kanner op déi heiteg Gesellschaft ze preparéieren, déi nach eemol vill méi plurikulturell a plurireliéis ass, wéi se virun enger Rei vu Jorzéngte war.

D'Kanner op déi heiteg Gesellschaft preparéieren, geet awer nëmmen, wann een an der Schoul eng Situatioun huet, wéi se der heiteger Gesellschaft och gerecht gëtt. An haut liewen d'Kanner vun ënnerschiddleche Kulturen, vun ënnerschiddleche Sproochen, vun ënnerschiddleche Reliounen oder generell vun ënnerschiddleche Glawensopfaassungen a Weltanschauungen an dësem Land zesummen, wuessen zesummen op, musse muer dëst Land zesumme weiderdroen a weider no vir bréngen.

Duerfir wëlle mer eben net méi eng kënschtlech Situatioun an der Schoul weider oprechterhalen, wou mer Kanner no Kulturen an no Reliounen, no Weltanschauunge weiderhin trennen. Mir wëlle se zesummeféieren, fir datt se zesummen een deen anere kenneléieren, datt se vun deem anere wëssen, wat en ass, wéi en ass, wat se gemeinsam hunn an allen Differenzen a wat dann och dat ass, wat se ënnerscheet.

Mir wëllen, datt d'Kanner Toleranz entwéckelen ee par rapport zu deem aneren, och Respekt entwéckelen ee par rapport zu deem aneren, deen, dee gleeweg ass fir eng Relioun par rapport zu deene vun anere Reliounen, deen, deen net gleeweg ass par rapport zu reliéise Leit, reliéis Leit par rapport zu net gleewegen an esou weider.

Mir wëllen en Zesummeliewen an deem Land domadder erméigleche vu ganz ënnerschiddleche Leit, Leit, déi ganz ënnerschiddlech Horizonter hunn, ganz ënnerschiddlech Weltanschauungen a Reliounen hunn. Mir wëlle jiddwerengem awer och mat op de Wee ginn, datt en e kritesche Geescht huet, e kritesche Geescht behält a säi kritesche Geescht och par rapport zu allem, wat gesot a geschriwwe gëtt, an och emol heiansdo par rapport zu deem, wat e selwer denkt, ëmmer nees asetzt.

A mir wëllen d'Selbstbestëmmung vun deem Eenzelnen domadder férderen, datt mer en als eegestännege Mënsch stäerken, opwuesse loossen an där Gesellschaft, déi, wat d'Wäerter ubelaangt, ganz villes ubitt, villes, wat gutt ass a wat een nëmme kann ënnerstëtzen, munches och, wat absolutt bedenklech ass, an och e puer Saachen, déi wierklech problematesch sinn.

Mir wëlle Kanner doranner stäerken, datt se hiren eegene Wee doranner kënne fannen. Dat ass d'Ambitioun vun dësem Gesetz. Dat ass och d'Ambitioun vun deenen anere Gesetzer, déi nach wäerten nokommen, fir e gemeinsamen Unterrecht „Vie et société" och an der Grondschoul anzeféieren.

Ech kommen awer net derlaanscht, fir eng Rei vu Kloerstellungen ze maachen. Ech wëll mech net laang mam Riedner vun der ADR befaassen. Ech mengen, et ass net derwäert. Et ass hei scho gesot ginn, wat fir e Wee d'ADR do zréckgeluecht huet.

Dir waart vläicht dee Moment nach net an der Fraktioun, wou hei Motioune vun der ADR abruecht gi sinn, wou genau d'Aféierung vun deem gefuerdert ginn ass, wat mer haut hei sollen ofstëmmen.

(Interruption)

Den Här Gibéryen misst sech nach kënnen erënneren.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

D'lescht Kéier war den Här Gibéryen ganz erstaunt, wou ech em dat rappeléiert hunn. Mä dat ass e Wee, dee mécht Är Partei.

Méi bedenklech ass, datt d'CSV schéngt hannendrunzelafen, well mat deem, wat am Wahlprogramm stoung, huet déi Positioun, déi mer haut hei héieren hunn, jo wierklech net méi ganz vill ze dinn.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech kann och net novollzéien, wéi Der hei erkläert, datt dat zwar esou am Wahlprogramm steet, mä well d'Regierung nach iergendwelch aner Saache mécht, kënnt Der dat heiten, genau dat heiten, wat an Ärem Wahlprogramm stoung, haut net matstëmmen. Mä dat musst Der mat lech ofmaachen.

Ech wëll awer nach e puer Kloerstellunge maachen, well déi Aussoen enttäusche mech dann awer e bësse méi vum Här Zeimet wéi vum Här Kartheiser, déi hei gemaach gouf.

Do gouf behaapt, hei géifen d'Elteren d'Méiglechkeet ewechgeholl kréien, hir Kanner reliéis ze erzéien. Dat ass natierlech…

(Brouhaha)

Dat ass natierlech... Neen, da muss den Här Zeimet nach eng Kéier noliesen, wat en hei gesot huet, am Kader, dat ass natierlech absolutt net de Fall. Jiddwereen, all Mamm an all Papp, erzitt seng Kanner esou, wéi en dat fir richteg fënnt, reliéis, net reliéis, no anere Reliounen, no anere Weltanschauungen. Dat wäert absolutt net changéiert gi mat dëser Aféierung vun dësem Schoulfach hei.

Et ass gesot ginn, de Stat, dee géif hei Wäerter virginn. De Stat gëtt hei absolutt keng Wäerter vir. De Stat proposéiert deene Jonken déi Wäerter, déi et an der Gesellschaft gëtt. De Stat seet och hei an der ëffentlecher Schoul, wat d'Limitte si vun där Toleranz a vun der Neutralitéit, déi ee muss anhalen. Dat ass, denken ech, wierklech, an do misste mer eis jo awer kënnen eens maachen, d'Erklärung vun den allgemenge Mënscherechter. An de Stat gëtt hei jiddwerengem d'Méiglechkeet, un déi Wäerter ze gleewen an un deene festzehalen, déi e selwer fir richteg fënnt.

Et ass gesot gi vum Här Zeimet, datt de Cours näischt méi mat Relioun ze dinn hätt, oder kaum nach mat Relioun ze dinn hätt, net genuch mat Relioun ze dinn hätt. Et ass hei scho vun der Kontabelsmentalitéit geschwat ginn, déi ech, mengen ech, wierklech hei net kann akzeptéieren.

A wie mengt, datt, wann een eng Rei vu Sujeten oplëscht, déi vum éischte Schouljoer bis erop op Troisième oder op Onzième sollten diskutéiert an thematiséiert ginn, an do net direkt den Term „Relioun" dra virkënnt, wien also mengt, datt Froe wéi Doud a Léift an Zesummeliewen, datt déi näischt mat Relioun ze dinn hätten an datt déi net och reliéis kéinten a missten thematiséiert ginn, deen, denken ech, huet sech wierklech d'Méi net gemaach, mat deem Sujet hei sech wierklech ausenanerzesetzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech wëll och drun erënneren, well och dat schéngt komplett ignoréiert ginn ze sinn, datt mer no deene verschiddenen Avisen, souwuel vun dem Zesummeschloss vun deene laizisteschen Associatioune wéi och dem Conseil des Cultes, déi Dokumenter, dee pädagogesche Léierrameplang nach eemol iwwerschafft hunn an amendéiert hunn op eenzelne Punkten. Also kann ee sech jo hei wuel net just eenzeg an alleng op dat bezéien, wat am Avis vum Conseil des Cultes steet a formuléiert gouf, éier et iwwerschafft gouf. Och dat ass sécherlech net zoulässeg.

A mir hunn och eng Reaktioun gewisen op déi net onbedeitend Propos vum Conseil des Cultes, wou d'Reliounsgemeinschaften, déi jo och unerkannt sinn hei am Land an zesummegeschloss sinn, gesot hunn, se géifen eigentlech gären zesummen e Reliounsunterrecht proposéieren, en „Reliounen"-Unterrecht proposéieren. Wéi et da wierklech gaange wär a wat fir eng Komplikatiounen do nach alleguerten hätte missen iwwerwonne ginn, dat ass eng aner Saach. Mä ech fannen dat schonn e remarkabele Schrëtt a mir hunn d'Reliounsgemeinschaften aus dem Conseil des Cultes opgefuerdert, a si ginn och mat op dee Wee, en Dokument ze erstellen, wat mer dann den Enseignantë vun deem Fach hei wäerte weiderginn, wou dran dokumentéiert ass, wéi si hir Relioune selwer gesinn, wéi si hir Relioune generell am historesche Kontext gesinn, wéi se hir Reliounen hei am Land gesinn.

Mir hunn datselwecht, déiselwecht Invitatioun awer och un déi laizistesch Associatioune ginn, fir och do déi eenzel Denkstréimunge mat eranzehuelen an déi Diskussiounen, datt och si sech selwer kënnen esou défináieren. Natierlech wäerte mir d'Autoritéit sinn, déi dat och nach eemol kuckt. An da maache mer eng Publikatioun dorauser an déi gi mer weider un d'Enseignanten, déi dat Fach do halen, fir datt mer do en Dokument hunn, wou jiddweree konnt matschaffen, an och un deenen Definitiounen, déi awer net onwesentlech sinn a wou et effektiv nach e Besoin gëtt, fir datt jiddwereen deen aneren och emol nach eng Kéier e bësse besser kenneléiert a kuckt, wat deen da wierklech ass a wat en net ass, datt dat schwaarz op wäiss och eng Kéier dosteet. An duerfir sinn ech ganz dankbar fir déi Kontributiounen.

Et stëmmt also net, datt mer keng Suite op déi dote Propos vum Conseil des Cultes ginn hätten. An et stëmmt eben och net, datt mer de reliéise Phenomeen, datt dës Regierung de reliéise Phenomeen ganz aus dem ëffentleche Liewe wéilt verbannen. Wien dat hei behaapt, deen huet déi Konventioun, déi mer am Januar d'lescht Joer ofgeschloss hunn, wierklech net gelies. Do gëtt d'Relatioun tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschafte sécherlech nei geregelt, mä datt d'Reliounsgemeinschaften an de Fait religieux komplett aus dem ëffentleche Liewe sollte verschwannen, hunn ech a kenger Zeil do erëmfonnt. Ech wär also och frou, wann d'CSV dat dote géif zur Kenntnis huelen.

Well et jo nach schéngt bei Eenzelnen heibannen a sécherlech och dobausse Klärungsbedarf ze ginn, wat dann elo wierklech dat Schoulfach „Vie et société" bedeit oder wat et net bedeit, kann ech lech alleguerten invitéieren, op den Internetsite „vieso" - „Vie et société", vieso.lu - kucken ze goen, wou mer ganz vill dokumentéieren doriwwer, wou ganz gutt erkläert ass, wat an deem Fach wäert geschéien, wat d'Enseignantë wäerte mat zur Hand gereecht kréien, fir hire Cours kënnen ze gestalten, wéi an Zukunft och dee Cours soll weider liewen.

Ech wëll och nach eng Kéier betounen, datt mer hei innovéiert hunn an engem Sënn, datt mer nach ni an der Lëtzebuerger Schoul esou e Fach haten, wat an esou engem breeden Dialog ausgeschafft ginn ass a wou d'Ausschaffung dovunner ëffentlech begleet ginn ass. Bis ewell gi Schoulprogrammer ausgeschafft vu Programmkommissiounen am Secondaire, respektiv am Ministère selwer am Fondamental, an de Minister, dee setzt se a Kraaft, an dat war et dann och.

Hei hu mer à plusieurs reprises communiquéiert, Dokumenter oppegeluecht, jiddwereen invitéiert, déi, déi sech direkt concernéiert gespuert hunn, natierlech de Conseil des Cultes an och déi laizistesch Associatiounen, awer jiddwereen am Land invitéiert, eis och seng Positioun dozou eranzeginn. Mir hunn déi Positioune geholl a se weidergereecht un déi Aarbechtsgruppen, déi dorunner geschafft hunn, déi doriwwer nees op en Neits diskutéiert hunn a gekuckt hunn, wat do kéint considéréiert ginn a wéi déi eenzel Avisen dann och ze beäntwerte wären.

Et ass nach ni esou eng breet gesellschaftlech Participatioun gi bei der Erstellung vun engem Schoulfach wéi hei. An ech géif mer wënschen, datt mer an Zukunft, vläicht net an dësem Mooss, mä awer Prozedure fannen, wéi mer déi gesellschaftlech Participatioun iwwert dat, wat an der Schoul soll geschéien a geléiert ginn, kënne stäerken, duerfir ënner anerem d'Schafung vun engem Conseil national des programmes, mat deem mer d'Chamber och deemnächst wäerte befaassen.

Et gëtt selbstverständlech zu dëser Thematik, an déi Debatt vun de Mëtten dokumentéiert dat nach eng Kéier, keen honnertprozentege Konsens. Deen ass net ugestrieft ginn, well da wär et een um allerënneschte gemeinsamen Nenner gewiescht an et wär effektiv näischt méi dobäi erauskomm.

Ech hu virdru gesot, et ass eng Thematik, d'Plaz vun de Reliounen an der Schoul, déi d'Land Jorzéngten, jo, iwwer ee Jorhonnert beschäftegt huet. An een, deen elo mengt, datt mer innerhalb vun e puer Méint an Aarbechtsgruppen dat dote komplett kéinten zur Zefriddenheet vu jiddwerengem hei am Land regelen, deen, denken ech, kennt d'Geschicht vun deem Land hei net.

Et ass awer eng Participatioun do gewiescht. Jiddweree konnt sech abréngen. An ech mengen, an dat war d'Ambitioun, datt mer finalement eppes hunn, wou eng Mamm an e Papp nach ëmmer kënne soen: „Jo, do sinn ech d'accord, do schécken ech meng Kanner gären hin. Ech fannen, datt dat dote korrekt gemaach ass, datt do meng Kanner selwer eppes dovunner hunn, datt se dovunner kënne profitéieren."

An da kënne se nach ëmmer selwer hire Kanner déi Elementer vu reliéiser oder net reliéiser Erzéiung mat op de Wee ginn. Ech géif bal soen, si mussen hire Kanner dat mat op de Wee ginn, well komescherweis sinn déi, déi hei ganz haart elo jäizen, datt d'Schoul dat dote misst maachen, déi, déi soss am haartste jäizen, wou se net onrecht hunn, datt d'Elteren net dierften aus der Flicht gelooss ginn, wann et ëm Wäertervermëttlung an Erzéiung vun de Kanner geet, an datt de Stat net alles däerf maachen. Och dat sief awer vläicht als eng liicht Inkohärenz nach eng Kéier hei duergestallt.

(Interruption)

Mir hunn, obschonn de Regierungsprogramm dat esou virgëtt, net elo fifty-fifty gemaach: hallef Contenu vum Moral- a Sozialunterrecht an hallef Contenu vum Reliounsunterrecht. Et si wuel Elementer iwwerholl gi vun deem engen an deem anere Fach. Dat geet jo och net aneschters, well wa mer vu Wäertererzéiung schwätzen, wa mer vu Liewen a Gesellschaft schwätzen, huet dat eent Fach wéi dat anert Fach sech natierlech an engem ganz héije Mooss domadder beschäftegt.

Mä et ass gekuckt ginn, eppes Ganzes draus ze maachen, eppes Kohärentes draus ze maachen, wou een net herno an dem Léiermaterial, an de Bicher erkennt, datt déi eng Säit vun deem enge Fach kënnt an déi aner Säit vun deem anere Fach, dat eent Kapitel vun deem enge geschriwwe ginn ass an dat anert Kapitel vun engem anere geschriwwe ginn ass.

Selbstverständlech wäert dat neit Schoulfach „Vie et société", dat gëllt fir de Secondaire gradesou wéi duerno fir de Fondamental, sech weiderentwéckelen. Mir ginn et an d'Hänn vun den Enseignanten. Dat heescht, mir schafen eng Programmkommissioun, déi weider wäert dorunner schaffen. Natierlech mussen Evaluatioune gemaach ginn no een, zwee Joer. Natierlech muss och en A drop gehale ginn, wéi dat Fach enseignéiert gëtt.

Ganz besonnesch dofir hu mer och drop insistéiert, datt jiddwereen, deen dat Fach do enseignéiert, egal wat fir eng Basisformatioun datt en huet, egal wat en och virdrun an der ëffentlecher Schoul gemaach huet, eng Weiderbildung wäert mussen absolvéieren, fir an dat Fach hei agefouert ze ginn, well et e ganz neit Fach ass a keen et virdru konnt gesinn. Also muss een dat Neit och entdecken a muss ee begleet ginn doranner. A mir wäerten och am Kontext vun den neie Rekrutementsregele fir de Secondaire, déi, denken ech, hei an enger Woch nach eng Kéier kënnen zur Diskussioun stoen, wou en nächste Projet de loi wäert ugeholl ginn, och hei den Zougang zum Fach oder zum Proff am Secondaire, fir „Vie et société" kënnen ze halen, méi breet maachen.

Haut ass et esou, datt mer an der éischter Phas all déi Enseignanten, all déi Professeren iwwerhuelen, fir dat Fach ze halen, déi Relioun respektiv Moral- a Sozialunterrecht halen. An duerno wäerte mer rekrutéieren op Basis vu Masterdiplomer, déi méi breet gestreet sinn. Do kënnen natierlech Reliounswëssenschaften drënner sinn, respektiv Theologie, Philosophie, Soziologie. An der Regel fanne mer souwisou ganz oft Kombinatioune vun all deenen dote Stréimungen erëm.

Op Basis vun engem Master kann ee sech dann dem Rekrutementsconcours stellen. An do gëtt gepréift, ob een d'Kompetenz huet, fir dat Fach ze enseignéieren, sou wéi mir et eben hei elo definéiert hunn, an da kann een Zougang zu dem Proff fir „Vie et société" kréien.

Dat sinn och nach Elementer, déi, denken ech, net onwichteg sinn, well dat huet jiddweree gesot, deen eis och heibäi begleet huet, datt natierlech de Léierplang ganz wichteg ass, datt d'Léiermaterialie ganz wichteg sinn, mä datt den Encadrement, d'Formatioun vun deenen Akteuren, déi herno an der Schoul dat Fach sollen ëmsetzen, mat ausschlaggebend sinn dofir, fir et och wierklech zu engem Succès ze féieren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Den Här Zeimet huet Parole après ministre.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Vu datt den Här Minister dat ugeschnidden huet an eppes erëmginn huet, wat mir esou net gesot hunn: Mir hunn net gesot, datt Dir heimadder den Eltere géift de Choix ewechhuelen, ob se hir Kanner kënne reliéis oder net reliéis erzéien. Mir hu gesot...

(Interruptions diverses)

Neen, mir hu gesot, datt mir der Meenung sinn, datt et de Leit, datt et den Elteren hir Responsabilitéit ass ze décidéieren, ob se hir Kanner wëlle reliéis oder net reliéis erzéien, an datt mer dofir der Meenung sinn, datt och eng reliéis Éducatioun an der Schoul muss méiglech sinn. Dat ass awer schonn en Ënnerscheed!

Da weisen ech awer och op Äre Widdersproch hin, wann Der sot, datt Der dat net wéilt ofschafen, wat ech lech och net wëll ënnerstellen, mä Dir sot selwer, d'Kanner sollten alles kenneléieren an dann en eegene Choix kënne maachen. Do gesi mer dann dat vläicht e bëssen aneschters. Mir mengen, op d'mannst soulaang d'Kanner an d'Grondschoul ginn, datt dat d'Responsabilitéit vun den Elteren ass, also och kënnen e Glawen un hir Kanner weiderzeginn.

Da wëll ech just nach eppes derbäisoen, dat ass jo och elo e puermol komm, an och den Här Minister huet nach eng Kéier drop higewisen, op déi Konventiounen, op déi mer jo d'nächst Woch dann ze schwätze kommen, an datt eben d'kathoulesch Kierch hei zougestëmmt hätt, an d'CSV wär dann „méi helleg wéi de Poopst", mengen ech, hat souguer ee gesot.

Ech wëll just drop hiweisen, ech selwer, ech war am Reliounsunterrecht, ech war awer och ee Joer an der Morall. Do ass mä kritesche Geescht och ouni deen neie Cours...

(Brouhaha)

Elo sidd Der erstaunt, ne!

...och ouni deen neie Cours...

Une voix.- Et ass awer net vill hänke bliwwen.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- ...och ouni deen neie Cours esou wäit geformt ginn, dee kritesche Geescht, datt ech och ka mat mengem Bëschof a mat mengem Generalvikar net enger Meenung sinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir sinn um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. A mir kënnen...

(Brouhaha général)

Mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6967 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6967 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6967 ass mat 32 Jo-Stëmme bei 28 Nee-Stëmmen adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Négation)

Muss ech ofstëmme loossen?

(Assentiment)

Da stëmme mer nach eng Kéier of. Da stëmme mer nach eng Kéier of iwwert d'Dispens vum zweete Vott, wann Dir dat wëllt?

Une voix.- Neen, neen, Här President!

(Interruptions diverses)

(La Chambre accorde la dispense du second vote constitutionnel.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay, Merci, da kënne mer zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6862, bei deem et ëm d'Aféiere vun enger Steier zugonschte vun den Hëllefsdéngschter geet. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice. Madamm Joëlle Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

4. 6862 - Projet de loi portant création d'un impôt dans l'intérêt des services de secours

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een u Gesondheet denkt, dann denkt een dacks un Dokteren an u Spideeler. Wann een awer zum Beispill en Accident op der Strooss huet, an dat kënnt leider méi oft vir, wéi mir eis dat wënschen, da muss een emol als Éischt an d'Spidol kommen. Kuerz gesot: Mir brauchen e gutt fonctionnéierend Rettungswiesen. An deem Kader ass jo eng Reform vum Rettungswiesen um Instanzewee an deen neien Asazzenter CNIS zu Gaasperech steet och an de Startlächer.

De Gesetzesprojet, iwwert dee mer op dëser Plaz schwätzen, reit sech an dës Reflexiounen an. Et geet näämlech dorëm, de laangfristege Finanzement vun eisem Rettungswiesen ofzesécheren, andeems eng Steier opgehuewe gëtt op den Haftflichtassurancen op den Autoen. Dës Steier wäert da vum 1. Oktober u gëllen.

Här President, schonn am Joer 1905 huet de Législateur sech der Thematik vum Rettungswiesen ugeholl an de Finanzement vun de Pompjeeën iwwer eng speziell Steier festgehalen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Duerno gouf dat däitscht Gesetz vum 1. Februar 1939 iwwert déi sougenannten „Feuerschutzsteuer" vu 4% am Joer 1941 duerch eng Ordonnance an eis Gesetzgebung iwwerdroen.

Et handelt sech hei ëm zwee Gesetzer mam selwechten Zil - d'Fixatioun an d'Repartitioun vun der Steier -, déi gläichzäiteg applikabel sinn, wat net optimal ass, wat d'Sécurité juridique an d'Transparenz ugeet. Et ass eng Steier, déi op de Feierversécherungen ufält an déi dofir geduecht ass, fir d'Käschte vun de Pompjeesasätz ze decken.

Den 11. November 1984 ass dunn een eenzegt Gesetz gestëmmt ginn iwwert d'Steier fir d'Services d'incendie. 1985 ass dës Steier du vu 4% op 6% vum Total vun den Assurancëprimmen op der Feierversécherung op Gidder, déi zu Lëtzebuerg lokaliséiert sinn, gehuewe ginn, dat, well d'Käschte weider gewuess sinn an d'Asazmaterial mat der Zäit ëmmer méi performant ginn ass.

Dës Ofgab war awer bis elo nëmme geduecht, fir d'Pompjeeswiesen ze finanzéieren. D'Protection civile, déi eréischt nom Zweete Weltkrich gegrënnt ginn ass, gëtt also aus historesche Grënn net iwwert dëst Gesetz finanzéiert.

D'Protection civile ass awer haut och e wichtegen Akteur um Terrain, deen nobele Missiounen nokënnt an dee mir alleguerten ze schätze wëssen. Mir wëssen awer haut unhand vu genaue Chifferen, dass d'Akteuren um Terrain meeschtens wéinst anere Mëssstänn wéi Feier an den Asaz mussen. 2013 goufen et 13.500 Interventiounen iwwert d'Land an net emol 20% dovunner ware wéinst engem Brand.

Eng grouss Zuel vun den Asätz sinn duerch den Autosverkéier verursaacht. Oft handelt et sech ëm Autosaccidenter oder och emol ëm Fäll, an deenen Uelech op der Strooss ausgelaf ass. D'Zuele beleeën, dass d'Rettungsdéngschter hautdesdaags ganz vill aner Interventioune maache wéi just nëmme Bränn läschen.

An un engem performanten, multifunktionelle Rettungsdéngscht, do si mir eis all eens, dierf net gespuert ginn. Dee musse mir eis eppes kaschte loossen. An et ass och richteg, dass een dës Steier da bei den Autosassurancen usetzt, wann ee bedenkt, wéi vill Asätz vum Rettungswiese leider op eise Stroosse musse gemaach ginn.

An deem Sënn gëtt vum 1. Oktober 2016 un eng Steier am Intérêt vun de Rettungsdéngschter agefouert, déi äänlech opgebaut ass wéi d'Steier am Intérêt vun de Pompjeesservicer. Et handelt sech hei ëm e Montant, deen all Assureur bezuele muss, deen Assurances responsabilité civile op den Autoe verkeeft, an zwar mat engem Taux vun 3% vun den émettéierte Primmen.

Verschidden Avisen haten drop higewisen, dass d'Assurancëgesellschaften hire Manque à gagner kéinte fréier oder spéider op hir Clientë weiderginn, dat heescht op d'Bénéficiairë vun dëser Reform. Dëst war awer a kengster Weis d'Intentioun vum Législateur. Fir den Detail vun allen Avise verweisen ech op mäi schréftleche Rapport, dee jo den 1. Juli dëst Joer an der Cofibu ugeholl ginn ass.

Madamm Presidentin, wann ee vun engem gesamte Montant vun 187 Milliounen, dat sinn d'Statec-Zuele vun 2011, un Assurancëprimmen op der Autoshaftflicht ausgeet, kéimen duerch dëst Gesetz zousätzlech 5,6 Milliounen an d'Statskeesen, fir d'Rettungsdéngschter ze finanzéieren.

Sécherlech wär et sënnvoll gewiescht, wann dëse Gesetzesprojet hätt kënnen zesumme mam Projet de loi iwwert d'Reform vum Rettungswiesen hei an der Chamber gestëmmt ginn, also dem Projet de loi 6861 portant organisation de la sécurité civile et création d'un corps grand-ducal d'incendie et de secours. Leider huet de Statsrot dëse Projet de loi, deen awer schonn den 18. August 2015 déposéiert ginn ass, also genau een Dag no deem Projet de loi, iwwert dee mer hei wäerten ofstëmmen, nach ëmmer net aviséiert.

Madamm Presidentin, loosst mech ofschléissend bemierken, dass ech iwwerzeegt sinn, dass d'Sue fir e méi performant Rettungswiese méi wéi gutt investéiert sinn. D'Reform vum Rettungswiese wäert e Qualitéitssprong vun eisen Noutdéngschter mat sech brëngen. Haut schafe mir d'Basis, fir dass dëse Qualitéitssprong och laangfristeg finanziell ofgeséchert gëtt.

An dofir ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Rapporteur Joëlle Elvinger. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Bericht. Si huet et richteg gesot: Mat dësem Gesetzesprojet féiere mer eng nei Spezialsteier vun 3% op de Primme vun den Autosassurancen oder villméi den Autoshaftflichten an. Den Zweck ass de Finanzement vun de Rettungsdéngschter an déi geschate Recette fir de Stat, déi läit bei 5,5 Milliounen Euro pro Joer.

Eischtens, ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen: D'CSV steet fir e performante Rettungsdéngscht. Mir wäerten och déi Initiativen an Zukunft ënnerstëtzen, déi d'Rettungsdéngschter am Generelle sollen an hirem Funktionement optimiséieren.

D'CSV erkennt och ausdrécklech d'Aarbecht vun de Secouristen un, deene professionellen, mä och deene bénévollen, well, wat ee muss wëssen: Déi Rettungsdéngschter, déi hunn oft net nëmme physesch schwéier Aufgaben, mä och psychesch schwéier Aufgaben, wa se zum Beispill op der Strooss stinn, bei engem Accident intervenéieren, wou et Verletzter oder souguer Doudeger ginn.

Dat verhënnert awer net, dass d'CSV géint d'Aféierung vun dëser Spezialsteier ass. Iwwregens komme sämtlech Beruffschamberen, déi en Avis zu dësem Gesetzesprojet ginn hunn, zu därselwechter Konklusioun, an ech muss och soen: De Statsrot huet e ganz kriteschen Avis, deen och juristesch fondéiert ass, zu dësem Projet de loi ofginn.

Fir d'CSV ass de Rettungsdéngscht en ëffentleche Service, e Service public vum Stat a vun de Gemengen. An duerfir si mir der Meenung, dass de Finanzement dovunner och dem Statsbudget oder méi generell der ëffentlecher Hand ënnerläit, mä sécherlech net enger zweckgebonnener Spezialsteier. Och wann dës Spezialsteier formell wuel an d'Statskeess fléisst, ass et dach eng camoufléiert Mehreinnam, zwar mat engem nobelen Zweck, wéi d'Madamm Elvinger et virdrun ënnerstrach huet, mä de Bierger wäert herno awer letztendlech d'Käschten dovunner droen. A mir kënnen net all nobelem Zweck eng nei Spezialsteier zouerdnen.

Zweetens, dës Spezialsteier ass dach an der budgetärer Regierungslogik e bësse schwéier novollzéibar. 2013/2014 ass dës Regierung ugetrueden, fir, no hiren eegenen Aussoen, d'Land missen aus enger desastréiser Finanzlag ze retten. Dass virdrun d'Land ënner enger weltwäiter Wirtschaftskris gelidden huet, dass systemesch Banken, anerer wéi déi, wou de fréiere Wirtschaftsminister sollt eventuell President ginn, hu misse gerett ginn, dass Dausende vun Aarbechtsplazen domadder awer och konnten assuréiert ginn, an net nëmmen op der Finanzplaz, an dass virun allem Kleng- a Mëttelbetriber d'Faillite konnten évitéieren, dat gëtt leider oft haut vergiess.

D'Regierung huet dunn 2014 e grousse Spuerpak ugekënnegt an et sollt wuel och nach eng Steierreform kommen. Am Hierscht 2015, du war se nach budgetsneutral. Méi Spillraum wier net do, an all aneres, dat wier Utopie. An elo - oh Wonner! - ee Spuerpak, deen emol net zu engem Drëttel reell applizéiert ass, dee mécht elo de finanzpoliteschen Himmel erëm blo. Domat goufen, der Regierung no, d'Statsfinanzen elo gerett. An et ass och elo op eemol Sputt fir d'Regierung fir eng gréisser Entlaaschtung bei der Steierreform, dat fannen ech perséinlech och net schlecht, mä, wéi gesot, am Hierscht d'lescht Joer, also virun net allze laanger Zäit, sollt dës ganz Steierreform nach budgetär neutral sinn.

An elo gëtt et eng Steierreform, et kommen aner Entlaaschtungen, mä d'Autofuerer, déi gi parallell nach mat enger neier Spezialsteier belaangt, fir 5,5 Milliounen Euro, an zwar fir de Finanzement vun de Rettungsdéngschter mat ze assuréieren. Verstéi dat wie wëllt!

Ech muss och soen, Här Finanzminister, wéi Der de Budget 2016 virgestallt hutt, do hutt